



vum Här Kartheiser, ob dann zu Thionville an zu Arel d’Kanner Lëtzebuergesch léieren a wat Der mat all den Décrocheur-scolairë maacht, déi keen Diplom hunn. Ech mengen, dat kann et net sinn. Mir wëllen d’Kanner zesummeféieren an dofir muss een de Kanner eng schoulesch Offer ubidden, dass fir all Kand eng schoulesch Offer do ass, dass d’Kanner alleguer och kënne Lëtzebuergesch léieren. Wéi gesot, ech fannen, dass Der do absolutt onrecht hutt an deem, wat Der do gesot hutt.

An ech géif gären zum Schluss den Educatiounsminister zitéieren, dee geschter Owend, mengen ech, op der Télee gesot huet: Wann een d’Lëtzebuurger kuckt, déi am 19. Jorhonnert fortgeplënnert sinn - well mir waren e Land, wou ganz vill Leit fortgeplënnert sinn, mir waren en aarmt Land am 19. Jorhonnert -, an et kuckt een am 20. Jorhonnert all déi Auslänner, déi komm sinn - well do ware mer op eemol méi e räicht Land an en Immigratiounsland -, abee, d’Kanner vun deene Lëtzebuurger,

déi am 19. Jorhonnert fortgeplënnert sinn, déi schwätze kee Lëtzebuergesch, mä d’Kanner vun deenen Auslänner, déi am 20. Jorhonnert bei ons komm sinn, déi schwätzen haut Lëtzebuergesch. Dat si Lëtzebuurger an ech mengen, dat ass de Räichtum vun eisem Land. An do solle mer och weider dru schaffen, fir dass mer d’Integratioun nach besser maachen an dass mer de Räichtum an deem Sënn fërderen.


Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun eiser Consultatiounsdebatt ukomm. Vu dass mer net a Präsenz si vu Motiounen, bleift mir nëmmen nach d’Sëtzung opzehiewen an lech Rendez-vous an ëffentlecher Sëtzung den nächsten Dëschdeg ze ginn.

Merci.

(Fin de la séance publique à 18.34 heures)



# SÉANCE 26

MARDI,  
20 MARS 2018

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

### 2. Communications

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

### 3. Ordre du jour

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

### 4. 6861 - Projet de loi

portant organisation de la sécurité civile et création d’un Corps grand-ducal d’incendie et de secours, modifiant

- la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques;
- la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu;
- la loi modifiée du 16 avril 1979 portant réglementation de la grève dans les services de l’État et des établissements publics placés sous le contrôle direct de l’État;
- la loi modifiée du 8 décembre 1981 sur les réquisitions en cas de conflit armé, de crise internationale grave ou de catastrophe;
- la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;
- la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d’un Code du travail;
- la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant création de l’Administration de la navigation aérienne;
- la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d’avancement des fonctionnaires de l’État

et abrogeant la loi modifiée du 12 juin 2004 portant création d’une Administration des services de secours

- Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. Frank Arndt

- Discussion générale: M. Laurent Zeimet (dépôt d’une motion), M. Frank Arndt, M. Max Hahn (interventions de M. Gast Gibéryen, M. Gilles Baum, M. Alexander Krieps, M. André Bauler et Mme Nancy Arendt), M. Roberto Traversini, M. Gast Gibéryen (dépôt de deux motions), M. Marc Baum, Mme Lydie Polfer, M. Laurent Zeimet

- Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur (interventions de M. Max Hahn et M. André Bauler)

- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Motion 1: M. le Ministre Dan Kersch

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

- Motions 2 et 3: M. le Ministre Dan Kersch, M. Gast Gibéryen, M. le Ministre Dan Kersch, M. Gast Gibéryen, M. Alex Bodry, M. Gast Gibéryen

- Votes sur les motions 2 et 3 (rejetées)

### 5. 7222 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves

- Rapport de la Commission de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse: M. Gilles Baum

- Discussion générale: Mme Martine Hansen, M. Georges Engel, M. Claude Adam

### 6. Annonce de la démission de M. Claude Adam

- M. Claude Adam (dépôt de sa lettre de démission), M. Mars Di Bartolomeo, Président

### 7. 7222 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves (suite)

- Discussion générale (suite): M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse

- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydia Mutsch, M. Dan Kersch et M. Claude Meisch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

## 1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Gudde Mëtteg! Ech maachen heimat eis Sëtzung op a froen d’Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.** - Neen, Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dat wäert herno kommen. Merci, Här Innenminister.

## 2. Communications

Ech hunn dann déi üüblech Kommunikatiounen un d’Chamber ze maachen, dass d’Lëscht vun deenen neie parlamentaresche Froen, d’Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung deponéiert goufen, an d’Lëscht vun de Petitiounen disponibel sinn.

**Communications du Président - séance publique du 20 mars 2018**

1. La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2. Les projets de loi suivants ont été déposés à l’Administration parlementaire:

**7260 - Projet de loi portant approbation de l’Accord de partenariat global et renforcé entre l’Union**

européenne et la Communauté européenne de l’énergie atomique et leurs États membres, d’une part, et la République d’Arménie, d’autre part, fait à Bruxelles, le 24 novembre 2017

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 13.03.2018

**7261 - Projet de loi portant approbation de l’Accord-cadre entre l’Union européenne et ses États membres, d’une part, et l’Australie, d’autre part, fait à Manille, le 7 août 2017**

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 13.03.2018

**7262 - Projet de loi portant modification de la loi du 27 mai 2016 concernant la mise à disposition sur le marché d’articles pyrotechniques**

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l’Économie, le 15.03.2018

**7263 - Projet de loi approuvant la participation du Grand-Duché de Luxembourg à la 18<sup>e</sup> reconstitution des ressources de l’Association internationale de développement**

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 16.03.2018

**7264 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à acquérir, lancer et exploiter un satellite et son segment sol destinés à l’observation de la terre permettant au Gouvernement de satisfaire ses besoins et ses obligations en matière de défense**

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense, le 19.03.2018

**7265 - Projet de loi portant: 1. introduction de stages pour élèves et étudiants; 2. modification d Code du travail**

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire, le 20.03.2018

3. Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:

**980 - Demande de pétition publique: Essensgutscheine – Chèques-repas**

Dépôt: Mme Diana Gasteier, le 14.03.2018

**981 - Demande de pétition publique: Utilisation d’un gyrophare rouge pour infirmiers de garde et volontaires des services de secours**

Dépôt: M. Dominique Raum, le 14.03.2018

**982 - Demande de pétition publique: Smart meter: compteurs «intelligents» pour mesurer la consommation d’eau, de gaz et/ou d’électricité**

Dépôt: M. Pierre Gerges, le 15.03.2018

**983 - Demande de pétition publique: Une politique indépendante pour l’exécution mandataire luxembourgeoise**

Dépôt: M. Ronald Mordiconi au nom de «Fräi Ökologesch Demokratesch Partei», le 16.03.2018

**984 - Demande de pétition publique: Adaptation des avertissements taxés automatiques (Radar) pour dépassements de vitesse mineurs (1 à 3 km/h)**

Dépôt: M. Joël Blei, le 16.03.2018

(Tous les documents peuvent être consultés à l’Administration parlementaire.)

## 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour huet d’Presidentekonferenz virgeschloen an ass lech zougestallt ginn.

Ech wollt d’Chamber froen, ob se mat deem virgeschloenen Ordre du jour d’accord ass.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen dann direkt zum Schwéierpunkt vun eiser haiteger Sëtzung iwwergoen, dem Projet de loi 6861, der Reform vun eise Rettungsdéngschter. An ouni méi laang ofzewarten, géif ech dem Rapporteur, dem Här Frank Arndt, d’Wuert ginn, dee scho prett ass.

## 4. 6861 - Projet de loi

**portant organisation de la sécurité civile et création d’un Corps grand-ducal d’incendie et de secours, modifiant**

**1. la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques;**

**2. la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu;**

**3. la loi modifiée du 16 avril 1979 portant réglementation de la grève dans les services de l’État et des établissements publics, placés sous le contrôle direct de l’État;**

**4. la loi modifiée du 8 décembre 1981 sur les réquisitions en cas de conflit armé, de crise internationale grave ou de catastrophe;**

**5. la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;**

**6. la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d’un Code du travail;**

**7. la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant création de l'Administration de la navigation aérienne;****8. la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État****et abrogeant la loi modifiée du 12 juin 2004 portant création d'une Administration des services de secours****Rapport de la Commission des Affaires intérieures**

► **M. Frank Arndt** (LSAP), *rapporteur*.- Ech huelen nach séier eng Schlupp Waasser fir ze läschen.

(*Hilarité et brouhaha*)

Neen, et geet och mat Schaum anscheinend.

Voilà! Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, e kuerzt Virwuert ze soen! Ech hu bei deene Kommissiounssätzungen eppes erlieft, déi mer hei gemaach hunn. Et war ee flotten, heiansdo animéierten Debat. Mä mir haten alleguerten datselwecht Zil. Mir wollten et u sech fäerdegréngen, d'Rettungsdéngschter ze stärken, an ech mengen, mam Projet ass et eis gelongen. Ech denken emol, datt et eis gelongen ass. D'Weeër, wéi een dohinnerkënn, heiansdo wëllt deen een no lénks, deen aneren éischter no riets, mä d'Zil war u sech vun eis alleguerten datselwecht. An et freet mech wierklech, haut hei Rapporteur ze sinn.

Mir maachen haut de Gesetzesprojet iwwert d'Reform vun de Rettungsdéngschter. De Projet gouf den 18. August 2015 an der Chamber deposéiert an huet domat gutt zwee an en halleft Joer gebraucht, fir sai Wee duerch all déi Instanzen ze maachen.

D'Detailer, wéi oft d'Kommissioun zesummekoum, souwéi d'Avise vun de jeeweilige Chamberen, fannt Dir am schrëftleche Rapport zrëck. Mä et ass doriwwer eraus ee Projet, deen eng ganz laang Virgeschicht huet. Wéi mir all wësen, huet Lëtzebuerg sech an deene leschte Jorzéngegen immens staark entwéckelt. Mir hate mat kuerzen Ennerbriechungen ee beispilllose Wirtschaftswuesstum, e ganz staarke Bevëlkerungswuesstum a vill gesellschaftlech Verännerungen. An deene meeschte Koppele schaffen d'Leit haut zu zwee. D'Mobilitéit vun den Awunner ass méi grouss ginn, soudatt den Zesummenhalt an den Dierfer an de Stied net méi deeselwechten ass wéi fréier. Fir d'Rettungswiese bedeit dat, datt ëmmer manner Benevoller do sinn, déi sech engagéieren. Dobäi geet d'Zuel vun den Interventiounen an d'Luucht, an d'Aarbecht vun de Rettungsdéngschter gëtt ëmmer méi komplex.

Gläichzäiteg haten an hu mir haut nach Strukturen, déi et schwéier maachen, fir mat deene Leit, déi do sinn, optimal an effizient kënnen ze schaffen. Dëse Phenomeen ass scho laang bekannt. Schonn 1999 gouf an der Chamber ee Projet de loi iwwert d'Reform vun de Rettungsdéngschter virgeluecht, deen 2004 gestëmmt gouf an haut dee legale Kader vun eise Rettungsdéngschter setzt.

Dir Dammen an Dir Hären, et war sécher ee Schrëtt an déi richteg Richtung. Mä schonn deemools war gewosst, datt d'Reform net wäit genuch géif goen. De Statsrot huet schonn deemools vun Ufank un drop higewisen, datt mir eng grondleeënd Reform bräichten. An d'Akteure vum Terrain, déi matbedeelegt ware beim Ausschaffen, ware sech ebenfalls bewusst, datt d'Gesetz vun 2004 nach laang net all d'Problemer géif léisen. D'Pompjeesfederatioun an de Comité des sages hunn zanterhier eng Reform vun de Services de secours gefuerdert a sinn un d'Effentlecheit gaange mat der Fuerderung, et soll endlech zesummewuessen, wat zesummegehéiert.

D'Demande fir eng méi wäitreechend Reform koum deemno vun de Leit vum Terrain selwer, déi Dag fir Dag mat den Onzoulanglecheute vum System ze kämpfen haten. Si hunn eng detailléiert Analys vun der Situatioun gemaach a sinn zur Konklusioun komm, datt een am effizienteste schaffe kann, wann all déi betraffe Servicer sech an enger eenzeger Struktur géifen erëmfannen, mat kloren Aufgabeverdeelungen an Hierarchien, mat enger gemeinsamer verbesserter Formatioun a besserer Konditiounen a méi Unerkennung vum Benevolat a vun de Benevollen.

Här President, genau dat gëtt iwwert d'Gesetz, wat mir haut hei virleien hunn, ëmgesat. Et gëtt en Établissement public geschafen, deen déi besteeënd Strukturen ënner engem Daach zesummebréngt. Dat erlichtert eng optimal Gestiou vun allen organisatoreschen Aspekter vun de Rettungsdéngschter. Professioneller a Benevolle kréien e klore reglementaresche Kader, dee fir jiddweree gëllt. Et gëtt an Zukunft keng Iwwerschneidung méi vu Kompetenzen

oder double Emploi, wéi dat bis elo zum Deel de Fall war.

Wesentlech Ännerungen ergi sech dobäi fir d'Gemengen, déi bis elo an der Pflicht waren, fir de lokale Corps ze ënnerhalen a fir de Brandschutz an hirer Gemeng ze suergen. An Zukunft wäert de CGDIS dës Aufgab fir si iwwerhuelen. D'Responsabilitéit ass klor geregelt an d'Responsabilité civile geet vun de Gemenge respektiv vum Stat op de CGDIS iwwer, mat Ausnam vun den Asätz, déi op Unuerdnung vun der Regierung müssen am Ausland ausgefouert ginn, am Fall vu Sécherheetsmissiounen oder am Kontext vun humanitärer Hëllef.

Een Deel vun der Responsabilitéit vun de Gemenge bleift awer bestoen, an zwar am Fall, wou d'Gemengenautoritéiten am Kader vun hirem Rôle géife Feeler maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass net esou, datt d'Gemenge guer näischt méi mat de Rettungsdéngschter ze dinn hätten. Am Verwaltungsrot sinn d'Halschent vun de Membere Gemengevertrieder. D'Poste vum President a vum Vizepräsident ginn ëmmer ofwiessend vun engem Administrateur vum Stat a vun engem Administrateur vun der Gemeng besat. De Buergermeeschter kann de CGDIS genausou requisitionéiere wéi de Minister. D'Finanzéierung vun de Rettungsdéngschter gëtt ebenfalls tëschent de Gemengen an dem Stat gedeelt. Während d'Gemenge fréier 60% vun de Käschten iwwerholl hunn, komme si an Zukunft fir d'Halschent vun de Käschten op. Déi aner Halschent dréit de Stat.

An enger vun deene leschte Kommissiounssätzungen hu mir dann och ee Rechebeispill gemaach kritt, wat dat fir d'Gemenge géif bedeuten. Bei engem fiktive Gesamtbudget, gerechent op 2018, wieren Depensen ze droe vun 99,2 Milliounen, also ronn 100 Milliounen. Wann een dann d'Recettes propres, wéi d'TVA, d'Tax op den Autoen, d'Tax vun den Interventiounen, déi gemaach ginn, an d'Contributions directes vum Stat ofrechent, da géifen 2018 ronn 21 Milliounen bleiwen, déi vun de Gemenge misste gedroe ginn. Dat géif pro Awunner 35 Euro ausmaachen, op d'Moyenne vun deene leschte véier Joer gerechent.

Do hunn d'Gemengen an hire Budgeten awer 46,9 Milliounen drastoe gehat, wat da knapp méi wéi 78 Euro géif ausmaachen. Jo, et ass eng TVA-Erhéijung dran, vun där d'Gemengen net profitéiert hunn, dat muss ee fairerweis soen. Dofir kann een déi Rechnung do och ganz anescht maachen. Mä egal wéi, d'Solidaritéit vun deem Betrag, deen d'Gemengen elo müssen droen, ass awer méi gerecht opgedeelt ginn a verdeelt ginn.

D'Finanzéierung war dann och ee vun deene Punkten, wou et méi schwéier war an ass, eng gemeinsam Positioun an der Kommissioun ze fannen. E weidere Knackpunkt am Projet de loi, wou et méi schwéier war, eng zefriddestellend Léisung ze fannen, war dee vum Transfer vum Material a vun de Gebaier vun den öffentlechen Instanzen, notament de Gemengen an dem Stat, un de CGDIS.

Als Éischt gëtt eng Transitiounszäit vun zwee Joer agefouert. An där Zäit stellen d'Gemengen, d'Administration des services de secours, de Service incendie et sauvetage vum Flughafen an de SAMU hiert Material dem CGDIS zur Verfügung. D'Material vun de Gemenge bleift bei deene lokale Rettungsdéngschter. Während der Iwwergangszäit gëtt een Inventaire gemaach vum Material, wat de CGDIS brauch.

Et gi Konventiounen tëschent dem CGDIS an den aktuelle Propriétaires ofgeschloss, wou festgehale gëtt, datt d'Material gratis un de CGDIS iwwergeet. Dat ass doduerch méiglech, datt d'Propriétaire kënnen fräi decidéieren, d'Material net an de CGDIS ze ginn. Wa si deemno ee Gefier hunn, wat si wëlle fir hir Gemengeservicer halen, kënnen si dat maachen. Op där anerer Säit kréie si d'Garantie, datt dat Material, dat si un de CGDIS ginn, bis zu sengen Ausmusterung am lokalen Asazcenter bleift. Et bleift esou quasi fir deeselwechten Zweck afektéiert. Bei de Gebaier gi mat den aktuelle Propriétaire Kontrakter ofgeschloss. Dat kann ee Kafvertrag sinn, ee Bail emphytéotique oder ee Locatiounsvertrag. Fir dësen Transfer gëtt et ee finanziellen Ausgleich fir d'Propriétaires.

Vu datt net nëmmen d'Material an d'Gebaier an de CGDIS iwwerginn, mä virun allem och d'Personal, dat bis elo ënner ganz ënnerschiddleche Bedéngunge geschafft huet, ass ee groussen Deel vum Projet de loi de Personalproe gewidmet. D'Beruffspompjeeë ginn als Fonctionnaire vum Stat agestellt. Dat technescht an administratiivt Personal vum CGDIS kritt jee no Funktioun de Statut vum Fonctionnaire, Employé oder Salarié de l'État. Mä den Detail vum Personalkader fannt Dir am Rapport oder natierlech och am Gesetz selwer zrëck.

De CGDIS iwwerhëlt natierlech och déi fräiwëlleg Pompjeeën. D'Gesetz dréit der Tatsaach Rechnung, datt déi Fräiwëlleg d'Häerzstéck vun

de Rettungsdéngschter ausmaachen. Ouni si kann de CGDIS guer net fonctionnéieren. 95% vun den Effektiver si Fräiwëlleger, déi den absolute Gros vun den Interventiounen assuréieren. Si zesumme mat deene Professionelle wäerten eis ee gutt Stéck weiderbréngen. Et gëtt am Gesetz dofir net nëmme Bestëmmungen iwwert d'Konditiounen, ënnert deenen déi Fräiwëlleg am CGDIS schaffen, mä och eng ganz Rei Mesuren, déi d'Leeschunge vun deene Benevollen unerkennen an et méi interessant maachen, sech an dësem Beräich ze engagéieren.

Zum engen ass eng Indemnitéit virgesi fir d'Aarbecht, déi vun de Benevolle geleescht gëtt. Si hunn ausserdem d'Méiglecheit, eng Zousazpensioun an eng Zousazkrankeversécherung ze huelen, woubäi si een Deel vum CGDIS rembourséiert kréien. Ee fräiwëllege Pompjee, dee sech mindestens 15 Joer engagéiert, huet ab enger gewëssener Alterslimit Urecht op eng Allokatioun, déi bis elo de Veteranen ënnert de Pompjeeë virbehalte war.

Dir Dammen an Hären, ganz wichteg ass natierlech och de Congé spécial, deen et de Benevollen erméiglecht, déi néideg Formatiounen ze maachen. Dës Formatioun gëtt an Zukunft fir all déi Leit, déi am Rettungswiese schaffen, zentraliséiert ugebueden. D'Benevolle müssen déiselwecht Ausbildung maache wéi déi Professionell, well se jo an deeneselwechte Situatiounen mussen schaffen. D'Formatioun gëtt insgesamt opgewäert an iwwer Brevet an Diplomer zertifizéiert. D'Gesetz gesäit och eng Validatioun vun den Acquis vir, wat besonnesch wichteg ass fir all déi Leit, déi zënter Joren eng exzellent Aarbecht fir d'Rettungsdéngschter leeschten an natierlech eng ganz Rei vu Formatiounen gemaach hunn.

Här President, ee weidere wichtige Punkt am Gesetz ass déi territorial Organisatioun an d'Opstelle vun engem nationalen Organisationsplang fir d'Rettungsdéngschter. D'Land gëtt a véier Zones de secours agedeele, déi hiersäits an Groupements de secours ënnerdeelt ginn. Et wäerten insgesamt sechs Kategorie vum Zentre ginn, déi entsprechend hirer Aklaséierung mat Leit besat ginn an natierlech och d'Material op der Plaz hunn.

Donieft gëtt et spezialiséiert Unitéiten, déi fäeg sinn, op méi spezifesch Risiken ze reagéieren, déi innerhalb vum nationalen Organisationsplang identifizéiert goufen. Eenzel Kapitele regelen doriwwer eraus d'Missiounen an d'Organisatioun vu Servicer wéi dem SAMU oder de Rettungsdéngschter vum Findel. Een anert wichteg Element ass déi nei Leitstell vum 112, déi esou opgestallt gëtt, datt se hire Koordinationsaufgaben optimal gerecht gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ee leschte Punkt, deen ech wëll ervirhiewen, ass dat soziaalt Element bei de Rettungsdéngschter. Wann elo alles zentral geregelt ass, kéint ee jo mengen, datt den Zesummenhalt ënnert de Pompjeeën um lokalen Niveau kéint verluer goen. Fir datt dat net geschitt, gesäit d'Gesetz eng Rei Dispositiounen vir zur „vie associative“, also d'Abannen an d'Veräinslieden. Dofir ass virgesinn, datt pro Asazcenter soll eng Amicale gegrënnt ginn, déi d'Aufgab huet, fir och an Zukunft Fester, Porte-ouverten oder sportlech Kompetitiounen ze organiséieren.

Sech als fräiwëllege Pompjee ze engagéieren, muss jo niewent där wäertvoller Aarbecht, déi gemaach gëtt, och nach Spaass maachen. Dës Aktivitéiten, déi bis elo virun allem um Niveau vun de lokale Pompjeescorpsen organiséiert goufen, spillen eng ganz grouss Roll fir de sozialen Zesummenhalt an och fir d'Integratioun. Si bidden eis d'Geleeënheet, fir jonk Leit fir d'Rettungsdéngschter ze interesséieren. Wa mir an Zukunft wëlle gutt fonctionnéierend Rettungsdéngschter hunn, dann ass et un éischter Stell wichteg, jonk Leit dervun ze iwwerzeegen, sech ze engagéieren. Mir müssen onbedéngt Konditiounen schafen, déi et fir déi Fräiwëlleg vun haut interessant maachen, fir weiderzemaachen, a virun allem, fir Jonker ze rekrutéieren, fir datt iwwert d'Zäit d'Unzuel vun de Benevollen erëm an d'Luucht geet.

Ech sinn um Enn vu menger Presentatioun ukomm an hoffen, datt ech an de wesentleche Punkten dat ugeschwat hunn, wat mer an der Kommissioun beschwat hunn. Eenzelheeten, déi ech vergiess hunn, fannt Der am schrëftleche Rapport oder natierlech am Text vum Gesetz zrëck.

A Merci nach un d'Kollege vun der Kommissioun, u jiddwereen, dee mat un deem Text hei geschafft huet. An och dem Ministère natierlech, d'selwecht wéi der Chamber an eiser Fraktioun, déi do gehollef hunn, e grouss Merci.

A virun allem Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An éischten age-

schriwwene Riedner ass den Här Laurent Zeimet fir d'CSV. Här Zeimet, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Laurent Zeimet** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären,... Impressionnant!

De 14. Februar 2017 koum et tëschent Beetebuerg an Diddeleng zu engem schwéieren Zuchaccident. Op der Plaz waren déi lokal Pompjeescorpsen aus der Émgéigend, déi hirem Buergermeeschter ënnerstallt sinn, Ambulanzen a Spezialmaterial vun der Protection civile, déi der ASS ënnerstallt sinn, de SAMU an d'Stater Beruffspompjeeën. Asazleeder op der Plaz war deemools de renommierte Kommandant vun de Stater Beruffspompjeeën.

Och wann op dësem Asaz d'Rettungsmoossname sécher fachgerecht a kompetent ofgelaft sinn, esou war et awer eng Constellatioun, déi néierens legal virgesinn ass. Et huet fonctionnéiert, well et muss fonctionnéieren. An der Nout stellt kee sech vill Froen, wien engem hëlleft: Pompjeeën oder Protex, Fräiwëlleg oder Haaptberufflech. An de Leit aus de Rettungsdéngschter waren dës Trennungen an de leschte Joren och net méi wichteg. Et gouf pragmatesch um Terrain zesummegeschafft. Mä wat feelt, ass eng legal Basis fir kloer Kommandostrukturen, Kompetenzen a Formatioun.

Här President, eis Rettungsdéngschter leeschten eng enorm Aarbecht. Se si ronderëm d'Auer do. 2017 sinn 262.000 Appeller beim 112 agang. Ee Véierel dovun waren Urgenzen. Dat mécht 176 Asätz den Dag. An 2016 gouf et 16.800 Asätz fir d'Pompjeeën, dovun gutt 2.300 Bränn. 3.949 Pompjeeë koumen 2016 op 96.137 Asatztonnen.

An déi Fraen a Männer aus de Rettungsdéngschter, déi an den Asaz ginn, gi jo net alleng an den Asaz. Hanner all Fräiwëllegem, hanner all Professionellem steet eng Famill. An déi ginn och mat an den Asaz, liewe mat dësem Engagement, Dag an Nuecht. A se kënnen wuel dacks net schlofen, well se sech Suerge maachen. A soulaang ee selwer net an Nout ass, mécht ee sech net vill Gedanken, wéi eis Rettungsdéngschter organiséiert sinn. Muncher ee krut vläicht och nach guer net mat, datt d'Réckgrat vun eise Rettungsdéngschter déi ronn 4.000 Fräiwëlleger sinn. Fir vill vun eis ass dëse Service, dësen Déngscht eng Selbstverständlecheit.

Mä schonns virun iwwer zéng Joer huet sech gewisen, datt op Dauer dëse Service ëmmer manner selbstverständlech géif ginn. D'Zuel vu Biergerinnen a Bierger, déi bereet sinn, sech am Rettungsdéngscht ze engagéieren, ass réckleefeg. Tëscht 2000 an 2015 ass se bei de Pompjeeë vu 6.642 op 5.178 zrëckgaang. A bei der Protex gesäit et net anescht aus: vun 2.250 op 1.854. Dogéint d'Zuel vun den Asätz, déi klëmmt am selwechten Zäitraum ëm gutt een Drëttel, vun 58.213 op 75.152. An d'Komplexitéit vun den Asätz, déi klëmmt och. An d'Geforepotenzial gëtt méi grouss.

Fir dëser Komplexitéit gerecht ze ginn, gëtt da méi Formatioun verlaangt. An déi Komplexitéit an dat Méi u Formatioun féiert dann natierlech erëm derzou, datt ëmmer manner Leit bereet sinn, sech dat alles unzeden an déi Formatiounen ze maachen. An esou gëtt dann erëm d'Zuel vun deene Fräiwëllege réckleefeg. Trotz allem Engagement, de Constat war geschter an de Constat ass haut: Eis Rettungsdéngschter sinn op Dauer net méi asazbereet.

An dëse Constat, Här President, huet zur Konklusioun gefouert, datt mer eis Rettungsdéngschter misste reorganiséieren, datt mer d'Pompjeeswiesen an d'Protection civile sollten zesummeféieren. Mä dës Konklusioun war méi séier gezu wéi realiséiert. An de Joren, wou d'CSV um nationalen Niveau d'Responsabilitéit fir d'Rettungswiese gedroen huet, sinn éischt Schrëtt an dës Richtung ënnerholl ginn. Eenzel Corpsen an Zentren hu Pionéieraarbecht geleescht an d'Mauer tëschent de sougenannten „Rouden“ an de sougenannten „Wäissen“ ofgerappt. Den Ufank vun dëser Reform huet sech um Terrain gemaach. D'Protex ass mat professionellen Ambulanciere verstärkt ginn an et ass vill Iwwerzeegungsaarbecht geleescht ginn.

Am Joer 2010 gouf en Expertegrupp agesat, deen eng Analys iwwer eist Rettungswiese virgeluecht huet. An d'Recommandatioun vun den Experte war kloer: D'Protex an d'Pompjeeë sollten zesummegefouert ginn.

Ënnert dem Innenminister Jean-Marie Halsdorf goufen Aarbechtsgruppen agesat, fir op Basis vun dëse Konklusiounen a Recommendatiounen eist Rettungswiesen nei ze organiséieren. An et gouf e Plang opgestallt, fir dëst Zil ze er-



reechen. Mir hunn eis als CSV 2013 an eischem Wahlprogramm derzou engagiert, eng national Struktur fir d'Protex an d'Pompjeeën opzebauen a bëides zesummenzeféieren, geleet a finanzéiert vu Stat a Gemeng. An dunh huet den Innenminister virum Summer 2015 e Gesetzesprojet deposiert, dee mer mat vill Interêt analysiert hunn.

An ech wëll virop soen, Här Minister: Dir hutt de Verdéngscht, dës Reform virugedriwwen ze hunn.

**(Exclamations)**

An Dir hutt lech getraut, en Text op den Dësch ze leeën,...

► **Une voix.**- Excellent!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Laurent Zeimet (CSV).**- ...ech denken, wuel wëssend...

**(Brouhaha)**

...ech denken, wuel wëssend, wéi Dir deen Text virguelucht hutt, datt en net perfekt wier, datt e streng géif ënnert d'Lupp geholl ginn a kritisiert ginn. A mir waren deemools och mat enger Rei Punkten am initiale Projet net averstane, oder soe mer, mir hätten en anere Wee ageschloen. Dat hat mam zukünftege Rôle vun de Gemenge souwéi dem Iwwergang vun den Zentren an dem Material an de CGDIS ze dinn. Et hat och mat der Kompositioun vum Verwaltungsrot, mat Froen zum Rekrutement an net zulescht mat der Extrawurscht fir d'Stad Lëtzebuerg ze dinn. Kritticken, déi och zum Deel vum Syvicol gedroe goufen.

Mir waren och net iwwerzeegt, datt déi Method besonnesch ziführend war, well elo awer vill Zäit an der Prozedur verluer gaangen ass, well den Text net prett war. Eng Rei Punkten hätte mer bestëmmt - do sinn ech mer sécher - kënnen am Virfeld ausraumen, wa mer mat de Concernéierten diskutiert hätten, a mir wären eis och parteiwwergräifend eens ginn a munch Onrou hätten kënne verhënnert ginn.

D'Method, fir virum Vott vun engem Gesetz esou ze maachen an ze agéieren, wéi wann d'Gesetz scho géif gëllen, déi Method vum Innenminister fënnt och hei net eis Zoustëmmung, esou wéineg, wéi se se am Dossier vun de Kierchefabrick fonnt huet. De Respekt, de Respekt virun der Chamber...

**(Brouhaha)**

...a virum eiser Verfassung verlaangt u sech, datt d'Gesetz fir d'Eischt hei gestëmmt ginn, éier d'Regierung se kann exekutieren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Laurent Zeimet (CSV).**- Bei dësem Projet huet sech dann och bewisen, datt d'Gesetz d'Chamber net esou verloossen, wéi se hei deposiert ginn, well vum initiale Projet vum Minister ass net méi allze vill iwwreg bliwwen.

► **Une voix.**- Ooh!

► **M. Laurent Zeimet (CSV).**- Praktesch all déi 120 Artikelen goufen ëmgeschriwwen.

Här President, den éischten Avis vum Statsrot huet op sech waarde gelooss. Dat stëmmt. Mä et muss een dem Statsrot zeguthalen, datt et jo och keng einfach Matière war a sech eng ganz Rei vu komplizéierte Froen gestallt hunn. Et huet Oppositionen formelles gereent. Mä den Här Arndt huet schonn drop higewisen: Mir hunn eis an der Kommissioun ganz vill Zäit geholl, fir eng Fro no där anerer ze diskutieren an eng Léisung ze fannen, an ech denken hei kënnen ze soen, datt mer dat an engem ganz konstruktive Geescht gemaach hunn.

An esou gouf deen initialen Text op Basis vum Avis vum Statsrot an Diskussiounen an der Kommissioun frëschgeschriwwen. Wéi dacks d'Navette tëschent Kommissioun a Statsrot gefuer ass, dat konnt Der a kënnt Der am Rapport vum Här Arndt noliessen.

Här President, hu mer elo mam Gesetz ab dem 1. Juli 2018 e perfekte Rettungsdéngscht? Ech denken net. Mä mir ginn eis mat deem Gesetz hei d'Grundlag, fir eist Rettungswiesen nei ze strukturieren. E Kommandant huet d'folgend Bild gebraucht: D'Schéff firt dann elo an den Niwwel eran, a kee weess genau, wou den Äisbiereg op et waart.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

**(Brouhaha)**

► **Une voix.**- Virun 100 Joer war dat.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Fuert weider, Här Zeimet!

► **M. Laurent Zeimet (CSV).**- Et ass awer eng ongewësse Rees, op déi mer eis hei zesummen opmaachen.

Denke mer un den Iwwergang vun de kommunalen Infrastrukturen an dem Fuermaterial an de CGDIS! Mat dësem Gesetz brieche mer eng laang Traditioun. Ware bis elo d'Gemenge fir d'Pompjeswiesen zoustänneg, esou wäert sech mam CGDIS d'Relatioun tëscht Gemeng a Corps änneren. D'Gemenge bleiwen zwar an der Responsabilitéit, awer nëmmen iwwert den Émwee vum CGDIS. D'Gemengen hunn iwwer gewielte Vertrieeder am Verwaltungsrot vum CGDIS e Matsproocherecht, mä et ass awer par rapport zu haut staark limitiert an op engem anerem Niveau. De Buergermeeschter ka wuel den Asaz vum CGDIS requisitionnéieren, mä dat dierft u sech an der Praxis seelen de Fall sinn, well dat iwwert den 112 wäert vum selwe lafen.

Datt mer déi lokal Verankerung, den Austausch, d'Kooperatioun, déi op ville Plaze ganz gutt funktionnéiert, an déi nei Zäit transposéiert kréien, wär u sech wëschenswäert. Vill Gemenge loosse hiert Personal och während der Schaffzäit an den Déngscht goen, an d'Gesetz schreift jo och vir, datt all Patron dat eigentlech sollt maachen.

De CGDIS wäert och weider op Fräiwëlleger ugewise sinn an dorobber, datt d'Gemengen ëmmer nach hir Leit an den Déngscht loosse. Eng Rei vu Gemengen hu Personal direkt an den Zentren affektéiert. Dës Mataarbechter kënne sech jo elo decidéieren, ob se an de CGDIS wëlle wiesselen oder bei hirer Gemeng bleiwen. A keen, dee wiesselt, soll eppes verléieren.

Um lokale Plang war et bis elo op ville Plazen am Émgang einfach a schnell. Wann eppes huet missen an engem Zenter ersat oder erneiert ginn, da waren d'Weeër meeschtens kuerz. An ech denken, och an Zukunft wäert kee Pompjee Verständnis derfir hunn, datt, wann eng Autobatterie muss ersat ginn, dat en administrative Virgang a Bewegung setzt, dee kaum nach ze bewältege wier. Hei waart also op den Direkter an op de Verwaltungsrot eng Herkulesaufgab.

Zwee Joer Iwwergangszäit si keng Éiwegkeet, fir sech mat 102 Gemengeresponsabelen eens ze ginn. An op déi Responsabel an de Gemenge kënnt natierlech eng Erausforderung duer, si musse sech op hirer Säit preparéieren. An eis schénkt et dofir immens wichteg, datt elo keng Zäit verluer geet, fir d'Gemengen am Detail ze informéieren, wat usteet a wat vun hinne verlaangt gëtt. Et brauch een net vill Fantasie, fir sech virzustellen, datt dëst an där enger oder anerer Gemeng kéint komplizéiert ginn. Fir d'Material muss ee sech eens ginn, wat an de CGDIS geet a wat bei der Gemeng bleift. D'Gemengen hunn zwar en theoretesche Choix, fir Material ze halen, mä wa se e fonctionnéierende Rettungsdéngscht wëllen - a wie wëllt dat net?, - dann hu se eigentlech keen anere Choix, wéi dem CGDIS dat ze ginn, wat e brauch.

Bei de Gebaier an dem Terrain dierft et nach eng Grëtz méi komplizéiert ginn. Wiem gehéiert den Terrain? Wiem d'Gebai? Am Prinzip jo dem Propriétaire vum Terrain. Ass alles schonns kloer delimitéiert? An da muss ee sech iwwert de Wee eens ginn, wéi alles soll dem CGDIS zur Verfügung gestallt ginn. Verlounen? Iwwer Emphyteos? Droit de superficie? Alles spannend Froen, déi fir vill Freed an den nächste Méint dierfte suergen.

Et gëllt op verschiddene Plazen och, nei Zentren ze bauen. Och dëst ass eng Erausforderung, well d'Erwaardunge si grouss an d'Gedold ass kleng. Dobäi kënnt jo, datt vum CGDIS dann erwaart gëtt, eng Gemeng wéi déi aner ze behandelen, well dës Diskussioun soll net zu engem Basar ausarten.

Dofir si mir der Meenung, datt d'Konditiounen an d'Kritäre vun dësen Transferte mussen an engem Règlement grand-ducal transparent an novollzéibar fixéiert ginn. Mir bedauern, datt dës Règlement grand-ducal elo nach net virläit. Mir konstruieren dorauer kee stramme Virwurf, mä et wär awer besser an et wär méi kloer, wann dat zu dësem Zäitpunkt de Fall wär. Ech denken, do si mer eis eens. Et bleift jo keng Éiwegkeet, fir dëst ze klären, well déi Negotiationsmat de Gemenge musse vum CGDIS zügg an Ugrëff geholl ginn.

Déi verschidden Zentre ginn dann och no Asazfäegkeet a Kategorien agedeelt. D'Zentre ginn a Gruppementer, d'Gruppementer nees a véier Zonen, oder Bezirker - dat versteet ee vläicht heibanner besser -, Norden, Osten, Süden an Zentrum, agedeelt. Et ass jo esou, datt op Basis vum Gesetz soll e Plan national d'organisation de secours erstallt ginn. An op Basis vun deem Plan national sollen dann déi Zentren definéiert oder confirméiert ginn. Déi bekannte Kaart huet d'Zentren awer elo scho kategoriséiert, an do stellt sech d'Fro, ob op Basis vun den Erkenntnisser aus dem Plan national dann herno sech nach eppes kéint änneren.

An och nach zwou Bemerkungen dozou. Déi Kategorisierung ass virgesi vu réimesch I bis

IV, mat engem Ilbis an esou weider. Dat ass awer e bëssen droleg vun der Numerotatioun hier, an et freet ee sech, firwat een dat net einfach hätten kënnen duerchnummeréieren, der Einfachheet halber. A wat déi Nimm vun de Gruppementer ugeet, do hat wuel een eng ganz poetesch Oder. Mä ech froe mech och hei, ob et net méi einfach wär, dat vun Norden 1 bis 4, an esou virun, anzedeelen. Dat géif et wahrscheinlech an der Praxis méi einfach maachen.

Här President, wann dës Reform elo wierkt an de CGDIS seng Aarbecht ophëlt, da sinn d'Gemenge weider gehalen, de Rettungsdéngscht virzefinanzéieren, op d'mannst elo nach während der Iwwergangszäit, wëssend, datt duerno dann en Dekont gemaach gëtt.

D'Gemenge sinn awer och gehalen, hir Kontributioun an de CGDIS ze bezuelen. Se mussen also eng Zäit laang virstrecken an abezuelen. Et ass dofir am Interêt vun de Gemengen, dës Iwwergangszäit net laang oder net ze laang daueren ze loosse. A kloer Verhältnisse si besser wéi een Duerjerneen. Mir hunn och laang iwwert dës Punkten an der Kommissioun diskutiert. An et ware jo och ënner anerem déi Froen, déi de Statsrot bis an de leschten Avis beschäftigt hunn.

Mat dësem Gesetz suerge mer an enger éischer Phas fir vill Gewulls. Et brauch een dofir elo op béide Säiten eng gutt Preparatioun an och e klore Kapp. An dofir fuerdere mer, datt d'Gemengen déi néideg Informatiounen kréien a Begleedung kréien, fir sech op déi nei Situatioun ze preparéieren.

Mat der Reform gëtt een Établissement public geschafft mat Generaldirekter an Direktiounen. An och hei leeë mer de Grondstee vun enger neier Struktur, déi muss mat Liewe gefëllt ginn, wou muss Responsabilitéit iwwerholl ginn. Mir wëssen, datt sech d'Administratioun schonn eng Zäit laang dorobber preparéiert.

A mir waren, an dëst ass allerdéngs eng kritesch Bemierkung, net begeeschtert, wéi beim Rekrutement de Beamtestatut sollt an Eenzelfäll iwwergaange ginn. Och wann ee kann novollzéien, datt een déi bescht Leit brauch, esou mussen awer elementar Regele respektéiert ginn. A mir waren u sech frou, datt de Statsrot hei eng Brems ageheut huet. Ech denken, mir hätten eis op Dauer keng Freed gemaach, wann et Schoul gemaach hätten, datt déi eng mussen Examen maache fir bei de Stat an anerer géifen do derlaanscht kommen.

Mam CGDIS gëtt de Statut vum Berufspompjee aus der Stad dann elo zum Virbild vum ganze Land. Den Iwwergang vun de Findel-Berufspompjeeën an d'Stater Berufspompjeeë war sécher keen einfachen Exercice. Et kann een och novollzéien, datt d'Leit retizent sinn, wa se sollen de Patron wiesselen. Et ass e mënschleche Reflex, datt ee léiwer dat behält, wat een huet, oder bei deem bleift, deen ee kennt.

Munch Bedenken hu missen aus dem Wee geraumt ginn a munch Bedenke losse sech dann elo och an Euro ausdrécken. Mir gesinn et awer esou, datt dës Reform net dorunner soll scheitern, well de Rettungsdéngscht, deen assureiere mer net mat Direktiounen an engem Verwaltungsrot an och net mat Buergermeeschteren oder engem Minister. Mir assureieren de Rettungsdéngscht nëmme mat motivéierte Pompjeeën, déi bereet sinn, an den Asaz ze goen. Motivéiert Pompjeeën, ob se dat haaptberufflech maachen oder am Benevolat. Well mir dierfen net vergiesse bei allen Diskussiounen iwwert déi Haaptberufflech an hire Statut, datt se nëmmen 10% vum Effektiv ausmaachen. Déi Fräiwëlleg bleiwen och am CGDIS d'Réckgrat vun eise Rettungsdéngschter.

Well awer d'Bereetschaft ofhëlt, an den Asaz ze goen, musse mer och déi weider besonnesch ënnerstëtzen. Et ass en Engagement wéi kaum en anert. Et bréngt Gefore mat sech, et geet ëm Mënscheliwwen, et ass zäitopwendeg an et ass net am Viraus ze plangen. Wann eng Musek e Concert net ka spillen, well d'Musikante keng Zäit hunn, dann ass dat schued, et ass och vläicht traureg, mä wann een Asaz net kann assuréiert ginn, well keng Leit do sinn, dann ass dat eng Katastroph.

An dofir ass et richtig, datt mer mat dësem Gesetz eng Rei vu Mesurë festhalen, fir den Asaz vun de Volontairen ze honoréieren, wéi d'Indemnitéit fir Asaztonnen, d'Méiglecheet, fir eng Zousatzpensioun oder eng Krankerversicherung rembourséiert ze kréien, well mir verlaangen als Gesellschaft vill vun deene Volontairen, net nëmmen Asazbereetschaft an Déngscht, mä och nach déi beschtméiglech Formatioun. An och hei leeë mer de Grondstee mat dësem Gesetz fir de Formatiounszenter, deem säi Gebai jo um Rond-point Gluck schonn um Wuessen ass. A mir sollten d'Geleeenheet notzen, fir vläicht nei Leit ze gewinnen, fir an eise Rettungsdéngschter aktiv ze ginn.

Här President, vergiesse mer net, ëm wat et hei geet. Mir wëllen a mir mussen de Rettungsdéngscht am ganze Grand-Duché ronderëm d'Auer och an Zukunft kënnen assureieren. Mir wëlle sécherstellen, datt een, egal wou een am Land an Nout geréit, séier a kompetent an am beschten a 15 Minutte gehollef kritt. Mir wëllen assureieren, datt déi Leit, déi an den Asaz ginn, dat gutt preparéiert maachen a gutt équipéiert sinn, iwwerall am Land.

A vläicht, Här President, kann de Minister nach eemol hei konfirméieren, datt och de SAMU-Déngscht am ganze Land wäert assuréiert bleiwen, fir datt och déi Rumeure kënnen aus der Welt geschafft ginn, une fois pour toutes, déi am Moment zirkuléieren.

Kee wënscht sech en Accident oder e Feier oder soss en Noutfall, mä mir all si frou, wann een den 112 urufft, datt ee gehollef kritt. Als Bierger a Biergerinne wëlle mer eis op de Rettungsdéngscht kënne verlossen. Et ass eng Saach vu Vertrauen. An och déi, déi Responsabilitéit beim Stat an a Gemengen droen, vertrauen am Eeschtfall op hir Equippen, datt se do sinn an d'Saach am Grëff hunn.

Net méi spët wéi d'lescht Woch huet et an eiser Gemeng gebrannt bei der Beschäftigungsinitiativ. Eis Chalet sinn a Flamen opgaangen. An et kann een deem Misär dann nëmmen nokucken op där enger Säit, wou een och de Responsabilitéit dréit, wann dann déi aner Equippen kënnt, fir déi een och matresponsabel ass, d'Saach am Grëff huet an d'Feier op en Enn bréngt.

Mir sinn eise Rettungsequippen och dofir Respekt schëlleg. Den Här Minister hat op der Neijoersreceptioun mat Recht dorobber higewisen. Et ass net akzeptabel, wann déi, déi hëllefen, ugepöbelt, a schlimmer nach, agresséiert ginn. An Dir hat bei dëser Receptioun annonciéiert, Dir wëlt mam Justizminister Récksprooch huelen, ob een net fir esou Virfäll misst d'Sanktioun verschärfen. Ech wëlt dofir op dëser Plaz froen, ob Der hei zu Konkusiounen mam Här Braz komm sidd, wat dann an deem Dossier soll an Zukunft geschéien.

Dir hat och, wann et richtig rapportéiert ginn ass, eng Etüd an eng Sensibiliséierungsaktioun ugereegt. Do si mer allerdéngs e bësse méi skeptesch. Mir brauchen eigentlech keng Etüd a mir mengen och net, datt mer fir de Respekt virum eise Pompjeeën nach laang musse sensibiliséieren. Wie sech de Rettungsdéngschter an de Wee stellt, soll d'Konsequenze spieren. Hei kann ee fir Feelverhale kee Versteesdemech hunn. Wien hëlleft, muss sech net beleiden a muss sech och net agressiere loosse.

Här President, natierlech huet de Rettungsdéngscht och e Käschtepunkt. Mir haten als CSV eng Kommission jointe gefrot, fir iwwert de globale Käschtepunkt an d'Bild gesat ze ginn. Mir wollten awer och wëssen, wat op déi eenzel Gemengen duerkënnt. Leschten Doneschdeg, eng knapp Stonn virum Vott iwwert de Rapport, war et dann esou wäit an et kounn zu dëser Sëtzung.

D'Gemengen droen eng gutt Partie vum Käschtepunkt vum CGDIS. Dir erënnert lech sécher, datt mer als CSV dergéint waren, datt d'Gemengen net un der TVA-Upassung vu 15% op 17% bedeelegt goufen, mä datt u sech mat hirem Undeel dorunner e Fonds gespeist gouf, fir de CGDIS ze preparéieren. Ech weess, de Minister seet elo vläicht, datt déi Sue fir de Rettungsdéngscht jo esou och de Gemengen zeguttkoumen. A mir äntworten: Jo, dat mag wuel sinn. Mä wou ass d'Konterpartie vum Stat an deem Fall gewiescht?

Mir waren och net derfir, datt déi nei Steuer op den Autosassurancen de Rettungsdéngschter esou soll zeguttkommen, mä mir bleiwen der Meenung, datt esou Recetten u sech sollen an d'Statsdéppe flëssen an ëmverdeelt solle ginn.

Mir froen eis och, wat mat der Feierschutzsteuer ass. De CGDIS soll ronn 100 Milliounen Euro kaschten. Wëssend, datt nach Personal an Zukunft wäert mussen agestallt ginn, wëssend, datt gréisser Zentren nach ze baue sinn. An esou kann een dovun ausgoen, datt de Budget éischer no uewe wéi no ënne wäert evoluéieren.

Mir begrëissen dobäi de Plafonement, dee virgesinn ass ab 2023, fir datt u sech d'Kontributioun vun de Gemengen an der Héicht vum Uwuessen vun den net affektéierte Recettë soll limitéiert bleiwen.

Mä, Här President, mir waren och bereet, doriwirer ze schwätzen, ob de CGDIS net integral soll iwwert de Statsbudget finanzéiert ginn amplaz deen Émwee iwwert d'Gemengebudgeten ze huelen. Mir haten och am Ufank d'Virstellung, datt déi Finanzéierung soll tëschent dem Stat an de Gemengen opgedeelt ginn, koumen awer zur Konkusioun, datt ee sech dës Konstruktione kéint spueren.

D'Gemenge brénge vill an de CGDIS an. Hiert Matsproocherecht wäert an Zukunft awer limi-



tiéiert sinn. Also kéint een och eng limitéiert finanziell Bedeelegung vun de Gemenge virgesinn. Eng Propos, déi vun lech leider net opgeholl ginn ass. Firwat net, kënnen mer bis haut net richteg novollzéien.

Wéi och ëmmer, mir stelle fest, datt eng Majoritéit an dëser Chamber dëst anescht gesäit. Mir stellen och fest, datt d'Finanzéierung net eppes ass, wat een net eemol kéint änneren. A mir wëllen awer hei festhalen, datt mer en anere Finanzéierungsmodus virgezunn hätten. An ech deposéiere fir all déi Punkten eng Motion, Här President,...

## Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la réorganisation des services de secours constitue un défi pour l'État et les communes;*

*- considérant que la Chambre des Députés devrait rester associée à la mise en œuvre de la loi,*

*invite le Gouvernement*

*- à informer les responsables communaux sans délai sur les démarches et préparatifs à entreprendre en vue de la mise en vigueur de la loi portant organisation de la sécurité civile et création d'un Corps grand-ducal d'incendie et de secours;*

*- à soumettre à la Chambre des Députés des bilans intermédiaires concernant les transferts de propriété prévus aux articles 9, 10 et 11 du projet de loi 6861;*

*- à soumettre à la Chambre des Députés avant la présentation du budget pour l'année 2019 une évaluation actualisée de la participation de l'État et des communes au financement du CGDIS;*

*- à soumettre à la Chambre des Députés un bilan intermédiaire concernant la réorganisation des services de secours pour juillet 2019.*

*(s.) Laurent Zeimet, Emile Eicher, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler.*

**M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci.

**M. Laurent Zeimet (CSV)-** ...wou mer och verschidde Bilane froen. Eng Kéier virum Dépôt vum nächste Budget, datt mer eng Kéier an d'Bild gesat ginn, aktualiséiert, wéi d'Participatioun vum Stat an de Gemengen dann elo ass fir de CGDIS. Wou mer och de Bilan maachen, wéi et mat den Transferte vun der Propriétéit vir sech geet, a wou ee virum Summer vum nächste Joer géif en intermédiaire Bilan zéien, wéi d'Reform ëmgesat gouf.

Här President, de Rettungsdéngscht ass muer net méi opgedeelt a rout a wäiss. An de Rettungsdéngscht, deen huet och keng politesch Faarf. Et ass, denken ech, och jiddwerengem egal, wéi eng politesch Astellung deen huet, deen engem hëlleft.

**Une voix.-** Très bien!

**M. Laurent Zeimet (CSV)-** Mä all déi, all déi, déi an den Asaz ginn, solle wëssen, datt eng breet Majoritéit vun dësem Haus hannerhinne steet an datt dëst Haus hiert Engagement respektéiert, datt mer zesummen eise Rettungsdéngscht wëlle fir d'Zukunft opstellen.

An an deem Sënn, Här President, ginn ech heimat den Accord vun der CSV zu dësem Gesetz.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**Une voix.-** Ah!

**M. Laurent Zeimet (CSV)-** Ee fir all an all fir een, esou heescht de Motto vun de Pompjeeën. An Zukunft heescht et: ee CGDIS fir all an all fir de CGDIS. Et kënn natierlech elo do-robben un, datt déi Responsabel d'Leit am CGDIS och zesummebréngen, en Esprit de corps schafen. An ech wëllt dofir am Numm vun der CSV all deene Merci soen, déi sech am Laf vun de Jore fir eng Reorganisatioun vun de Rettungsdéngschter staarkgemaach hunn, dofir gestriden a geschafft hunn, ob et Ministere waren, Beamten, Kommandanten, Zenterchefen oder Pompjeeën. An ech wëllt och besonnesch un déi denken, déi ze fréi gaange sinn an dësen Abléck net méi erlieden.

An ech soen natierlech och dem Rapporteur, dem Frank Arndt, Merci fir säi Rapport, säi mëndlechen a säi schrëftlechen. Op d'mannst hie wäert sech dann am Oktober hei am Haus net méi mussen domadder auserneeetzen, wéi sech dës Reform auswierkt. Mä well en nach op anere Plaze Responsabilitéiten dréit, kënn en awer net ganz derlaanscht. Ech wënschen lech bonne Chance.

Merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci och. An Dir hutt den Här Arndt ugeschwat an e kritt elo direkt d'Wuert als Spriecher vun der LSAP. Här Arndt, et ass erëm un lech.

**M. Frank Arndt (LSAP)-** Merci, Här President. Bon, wéi gesot, fänke mer erëm vu vir un.

**(Interruption)**

Jo, am Numm vun der LSAP.

**M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Hien ass Spriecher.

**M. Frank Arndt (LSAP)-** Et huet kee sech getraut.

Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der LSAP wëll ech awer elo nach e puer méi punktuell Remarque maachen zu dësem Gesetzesprojet. Als Éischt wëll ech emol dem Minister Dan Kersch a senge Mat-aarbechter felicitéieren, déi endlech eng Reform ëmgesat hunn, déi zanter ville Joren dréngend noutwendeg war.

**Une voix.-** Très bien!

**M. Frank Arndt (LSAP)-** Een ambitiëse Projet, deen dëst Land brauch, dat endlech, no laangen Diskussiounen an a mengen Aen no vill ze vill verlueren Zäit, säi reforméierte Service de secours kritt. Et ass eigentlech eng Schan, datt ee räicht Land wéi Lëtzebuerg et iwwer Jorzéngte verpasst huet, seng Rettungsdéngschter un d'Entwécklung vum Land unzepassen.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. Frank Arndt (LSAP)-** Émmer erëm kouw et zu Virfäll, wou d'Leit, déi Hëllef gebraucht hunn, éiweg hu misse waarden, well grad keng Ambulanz an der Géigend besat war. Eenzel Geschichte krut ee méi als Anekdot weidererzielt, mä déi waren alles anescht wéi amusant. Souguer a gréisseren Uertschafte gouf dagsiwwer iwwer ee Mangel u Pompjeeë geklot. Déi Situatioun huet sech iwwert d'Joren net verbessert an d'Servicer waren net ëmmer optimal garantéiert. Mir hate ganz vill Chance, jo, datt d'Leit um Terrain sech ëmmer iergendwéi ze arrangéieren woussten, datt et net zum Schlëmmste kouw.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ee schlecht organiséiert Rettungswiesen, dat net iwwert déi néideg Capacitéite verfüügt, biergt ee seriöse Risiko a bréngt ee seriöse Risiko mat sech a bréngt de Mënsch bei Leed an Nout och nach a Liewensgefor. Gläichzäitig hänkt eng enorm Verantwortung an ee groussen Drock op de Fräiwëllegen. Et ass do kee Wonner, datt ëmmer manner Leit bereet sinn, dat an hirer Fräizäit nieft Beruff a Famill nach op sech ze huelen.

All déi Problemer sinn net nei an hätte scho mam Gesetz vun 2004 misse geléist ginn. Deemools huet offenbar de politesche Courage dofir gefeelt. Et gouf vill lamentéiert, wéi schwieereg et wier, d'Leit aus deene verschiddeste Servicer dovun ze iwwerzeegen, méi enk zesummeschaffen. An et ass och sécher richteg, datt et Resistenze gouf géint eng Reform. Mä insgesamt kouw d'Fuerderung, fir mat där grondleeënder Reform unzefänken, awer just vun de Leit vum Terrain, déi all Dag kreativ Léisungen hu misse fannen an engem System, dee vun enger Rei vun Inkohärenze geprägt war.

An deem Sënn ee ganz grouse Merci un dës Leit, déi iwwer all déi Joren trotz schwieerege Bedéngunge grouss Engagement erbruecht hunn, fir de Leit an Noutsituatiounen ze hëllefen. D'LSAP hofft an ass iwwerzeegt, datt dëst Gesetz ee gudden Deel vun de Problemer, déi et bis elo gouf, ka léisen.

D'Zil ass et, flächendeckend, egal wou am Land, gradesou schnell a gradesou gutt Hëllef ze garantéieren am Fall vun Nout. Et muss dach an der Zukunft méiglech sinn, innerhalb vu 15 Minutten Hëllef ze kréien. Eng gutt Koordinatioun vum 112 an de Prinzip, datt Hëllef vun deem gelescht gëtt, deen am noosten an am séiersten ze erreechen ass, onofhängeg vun de Gemeengengrenzen, ass dobäi elementar.

**Une voix.-** Très bien!

**M. Frank Arndt (LSAP)-** Eng Viraussetzung fir d'Optimiséiere vun den Hëllef-déngschter am Land war d'Abetribhuele vum neien ELS, dem Einsatzleitsystem, engem modernen, zentrale System fir d'Entgéintheue vun den Nouttriff um 112. Dëst gouf viru knapp zwee Joer vun der Verwaltung vun de Rettungsdéngschter mat engem Invest vun 3,8 Milliounen ëmgesat. An och hei denken ech, ass keng Zäit verluer gaangen. Mä ob Feier, Accident oder soss eng medezinnesch Urgence, de Bierger soll iwwerall an egal, wou hien am Ländche wunnt, datselwecht Urecht op eng schnell a qualitativ Äntwert zegutt hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, ee wichtegt Instrument, fir datt dës Ziler kënnen erreecht ginn, ass ouni Zweifel de Plan national d'organisation des secours - de PNOS, ewéi e genannt gëtt -, dee vum Innenministère ausgeschafft an zesumme mam CGDIS an de Gemenge regelméisseg ugepasst muss ginn a gëtt. Am Kader vun dësem Plang gëtt een Inventar gemaach an eng Evaluatioun vu verschidde Risiken,

soudatt d'Rettungsdéngschter entsprechend kënnen organiséiert ginn.

All dës Reformen änneren natierlech näischt drun, datt et um Terrain u Leit feelt. Dofir muss alles gemaach ginn, fir d'Volontairen, déi am System sinn, ze behalen an et och fäerdegzebréngen, nei Leit fir de CGDIS ze begeeschten. D'Gesetz gesäit dofir eng ganz Rei vun neien a flotte Moosname vir.

Et ass kloer, datt all Fräiwëllegen, deen dem System verluer geet, ee grouse Verloscht wäert duerstellen. Seng eventuell Kompensatioun duerch een Haaptberuffleche wäert d'Saach à la longue net méi bëlleg maachen. Et muss zu enger Komplementaritéit vu Volontairen a Professionelle kommen. Déi Fräiwëlleg mussen sech duerch e gutt organiséiert Ëmfeld weiderhin am CGDIS erëmfannen. An dat Engagement muss hinnen och weiderhi Spaass maachen. De CGDIS erméiglecht et méi wéi virdrun, de Volontariat maximal ze ënnerstëtzen. An dat ass och gutt esou.

Dir Dammen an Dir Hären, als Fazit géif ech mer erlaben, dës Reform trotzdeem, a wann Der kuckt, wéi laang mer dru geschafft hunn, als eng vun de Jorhonnertreformen ze bezeichnen. Si reit sech an dat an, wat d'Majoritéit sech hei viru véier Joer op de Fändel geschriwwen huet a se sech fest virgeholl huet, konsequent ëmzesetzen.

An ech ka mech net erënneren, datt ee Projet de loi an esou enger breeder Diskussioun gefouert gouf an diskutéiert gouf wéi deen heiten. Net iwwert de Knéi gebrach, mä mat vill Fingerspëtzegefill. Dat war laang iwwerfällg an huet all dat zesummebruecht, wat zesummegehéiert.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn natierlech och den Accord, den Okay vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci och. Nächste Riedner ass den Här Max Hahn fir d'DP.

**M. Max Hahn (DP)-** Här President, léif Kollegeen, léif Kollegeen,...

**Une voix.-** A Kolleginnen!

**M. Max Hahn (DP)-** ...fir Leit, bei deenen et am Alldag op all Minutt ukënn, wou d'Reaktionsschnellegkeet iwwer Liewen an Doud entscheed, ass et nëmme ganz schwéier ze verstoen, dass eng dréngend néideg Reform méi wéi e Jorzéngt brauch. D'Schwächte vum aktuelle System sinn net eréischt säit gëschter bekannt. Émmer méi Asätz, ëmmer méi technesch, komplizéiert an usprochsvoll Asätz mat ëmmer manner Leit. Dat, léif Frënn, ass eng Mëschung, déi op Dauer net gesond ass.

Nodeems d'Situatioun an deene leschte Joren awer ëmmer méi schlëmm ginn ass, hunn déi Verantwortlech vun de Pompjeeën an der Protection civile scho viru eefel Joer d'Alarmklacke gelaut an ëffentlech gefuerdert, d'Rettungsdéngschter mat Haaptberufflechen ze verstärken. Dunn ass awer emol bis 2010 gewaart ginn, fir vun engem Experterapport confirméiert ze kréien, dass den aktuelle System net méi gutt genuch wier. Also fir op datselwecht Resultat ze kommen, wat dräi Joer virdrun vum Comité des sages a vun der Pompjeesfederatioun kloer gesot gouf.

An ech soen et genausou kloer: Et ass onnëtz Zäit verplempert a vill gepléischtert ginn. Just wann et guer net méi gaangen ass, si just häp-perchersweis e puer haaptberufflech Ambulancier agestallt ginn, keng Spur vun nohalteger, struktureller Planung.

Ech sinn awer frou, dass an deene leschte Joren d'Prioritéiten anerer waren. Et si massiv Haaptberufflecher agestallt ginn. D'Zuel ass an deene leschte fënnf Joer vu 40 op 150 geklommen. An et kommen der nach eng jett derbäi. 50 sinn der grad an der Ausbildung. D'Formatioun selwer huet och vill méi en héije Stellwäert kritt. An jo, den nationalen Asazcenter, de CNIS, ass am Bau. An haut ass et also dee leschte grouse Schratt, dee mir ginn, fir d'Lëtzebuurger Rettungswiesen endlech fir ze maachen. An dat ass batter néideg.

An ech verstoppen et net, ech sinn als Pompjee ganz besonnesch houfreg, haut hei an der Chamber dierfen derbäi ze sinn, wann eng nei Ära an der Geschicht vum Lëtzebuurger Rettungswiesen agelaut gëtt. Dat ass näischt ze fréi, well d'Situatioun um Terrain ass kritesch, an dat net eréischt säit gëschter. D'Politik huet misse handelen, net aus Loscht ze reforméieren, mä aus enger absolutter Necessitéit eraus. Et ass näamlech eng vun de wichtegsten Aufgabe vun der Politik, fir d'Sécherheet vun de Bierger ze suergen an de Leit Hëllef zoukommen ze loossen, wa si Hëllef brauchen.

Wann een awer weess, dass et am Noutfall schlëmmstefalls bis zu 40 Minutten dauere kann, bis Hëllef kënn, dann ass dat fir e Land ewéi Lëtzebuerg inakzeptabel. Et ass an der Vergaangenheet vun der Politik vill ze laang ge-

zéckt, gewaart an iwwerluecht ginn, am plaz dem Rettungswiesen ze hëllefen, seng Missioun besser kënnen ze erfëllen, seng Missioun, de Leit an Nout an engem rasonablen Delai kënnen ze hëllefen.

Här President, wann ee mat de Leit um Terrain iwwert d'Reform schwätzt, spiert een zwar eng gewësse Skepsis, mä et sinn der awer ganz wéinég, déi d'Reform als solch a Fro stellen. Jo, et mierkt een dobaussen, dass nach vill Oplärungsarbecht néideg ass bei den Akteuren um Terrain. An do wäerte mer nach all zesumme vill Oplärungsarbecht an Terrainsarbecht musse leeschten.

Wa vun der Reform vum Rettungswiese geschwat gëtt, da gëtt och ganz gären dat Wuert Professionaliséierung beno tzt. Professionaliséierung? War dat da bis elo alles esou schlecht? War déi Aarbecht vun den Dausende Fräiwëllegen net professionell genuch? Ganz am Géigendeel. Ech wëll den Dausende frëieren an aktive Fräiwëllegen hei net nëmme Merci fir hiren Asaz soen, mä hinnen och soen, dass mam Wuert Professionaliséierung dat verstärkt Zréckgräifen op Haaptberufflecher gemengt ass a kengesweegs e Jugement iwwert d'Qualitéit vun der geleschter Aarbecht gemengt ass.

**Une voix.-** Très bien!

**M. Max Hahn (DP)-** De System, wéi mir en haut hunn, huet iergendwéi fonctionnéiert. Mä heiansdo huet ee sech gefrot: Wéi? D'Zuel vun den Asätz ass enorm an d'Luucht gaangen an d'Zuel vun de Fräiwëllegen ass enorm erogaangen. An awer, et ass ëmmer Hëllef komm, wa se gebraucht ginn ass. De System huet iergendwéi fonctionnéiert. An dat just dank dem onermiddlechen Asaz vun den Dausende Fräiwëllegen.

**Une voix.-** Très bien!

**M. Max Hahn (DP)-** Mä mir wëssen all, dass de System säit geraumer Zäit u seng Grenze steist. Mir brauchen einfach méi Leit, fir déi vill Asätz kënnen ze assuréieren. Méi Haaptberufflecher also, déi permanent disponibel sinn, awer och méi Fräiwëlleger.

Här President, ech sinn dovun iwwerzeegt, dass dëst Gesetz d'Situatioun um Terrain verbessere wäert, d'Situatioun fir d'Leit an Nout, well se méi séier a méi performant gehollef wäerte kréien, awer och d'Situatioun fir déi Dausende Fräiwëlleger, well se vun Haaptberufflechen ënnerstëtzt wäerte ginn.

Jo, déi Fräiwëlleg gi vun Haaptberufflechen ënnerstëtzt an net ëmgedrëit. Wat méi Fräiwëlleger do sinn, wat manner Haaptberufflecher gebraucht ginn. An dofir musse mir alles maachen, fir déi Fräiwëlleg bei der Staang ze halen. Jiddweree vun de Fräiwëllege soll seng Plaz am neie System fannen. Déi Fräiwëlleg wäerten an Zukunft näamlech net manner, mä méi gebraucht ginn. Si sinn haut schonn d'Häerzstéck vun eise Rettungswiesen a wäerten dat och an Zukunft, also no der Reform, bleiwen.

Mir brauchen awer och méi Haaptberufflecher. Haaptberufflecher, déi och dagsiwwer kënnen Permanencen halen, wa vill Fräiwëlleger op hirer Aarbecht sinn, déi oft ze wäit vum Wunnuert ewech ass, fir kënnen op den Asaz ze fuehren. Déi ufalend Aarbechten tëschen den Asätz sollen och an Zukunft méi vun Haaptberufflechen iwwerholl ginn. D'Gefierer tanken a wäuschen, d'Material an den Asazentren ënnerhalen, Asazberichter schreiwen, d'Präventioun sécherstellen, Formatiounen halen an, an, an.

An dat net nëmmen an deenen Zentren, déi permanent mat Haaptberuffleche besat ginn, och an den Zentre vun der Kategorie I an II, also de méi klengen Zentren, wäerten Haaptberufflecher fir déi néideg Entlaaschtung vun de Fräiwëllege suergen, andeems de Fräiwëllegen ufalend zäitintensiv Aarbechte virun an no den Asätz vun Haaptberufflechen ofgeholl ginn.

Här President, déi rezentsten Asazzuele weisen, dass d'Unzuel vun den Asätz zënter dem Joer 2001 ëm 30% an d'Luucht gaangen ass. Parallell dozou geet d'Disponibilitéit vun de fräiwëllege Pompjeeën, Sauveteuren an Ambulancier kontinuéierlech erof: zënter 2001 bei de fräiwëllege Pompjeeën ëm 22% a bei der Protection civile ëm 18%. A bei de Jugendpompjeeën, also dem Baxter mat dem frësche Blut, souguer ëm 30%.

**(Hilarité et interruptions)**

Méi Asätz mat manner Leit ass op Dauer keng gutt Mëschung. D'Politik war an ass also gefuerdert, fir, éischstens, d'Rettungswiesen ze professionaliséieren, an zweetens, d'Aarbecht vun de Fräiwëllegen uerdentlech ze remunéieren. Dofir gi weiderhi massiv Haaptberufflecher agestallt. Landeswäit sollen et der eng Kéier tëschen 600 an 800 sinn. Parallell dozou



gëtt mat dëser Reform och eppes fir déi Fräiwëlleg gemaach.

Här President, d'Lëtzebuurger Rettungswiese gëtt zu 95% vu Fräiwëllegen assuréiert. Wann een dës Zuel héiert, versteet een, wéi wichteg si fir eise Rettungssystem sinn. Ech ginn dann och oft gefrot, wat dann elo konkret fir déi Fräiwëlleg gemaach gëtt. Momentan ass et esou geregelt, dass déi Fräiwëlleg eng finanziell Unerkennung fir hir Permanencé kréien, sief et doheem oder an der Kasär. Dës huet awer éischter e symbolesche Charakter. Bei der Protex sinn dat 1 Euro d'Stonn fir d'Permanenzen doheem a 4 Euro d'Stonn fir d'Permanenzen am Zenter. Wivill déi fräiwëlleg Pompjeeën am Moment fir eng Stonn Permanence kréien, hänkt awer vu Gemeng zu Gemeng of, soudass verschidderer méi kréie wéi anerer an nach anerer souguer guer näischt.

No der Reform wäert de Verwaltungsrot vum CGDIS dës Remuneration vum de Fräiwëllege landeswäit eenheetlech festleeën. Dat heescht, dass an Zukunft jiddwereen am Land dat-selwecht kritt, ob en zu Dippech oder zu Elwen Permanence mécht.

Nieft der Permanencé wäerten déi Fräiwëlleg natierlech och fir Asätz a Formationen entschiedegt ginn. Dës Entschiedegunge wäerten integral steierfräi sinn. An deem Kader fuerdert d'DP ganz kloer, dass dës Entschiedegungen dem Asaz an der Wäertschätzung, déi mir géintiwier vum eise Fräiwëllegen hunn, entspieche mussen. Si wäerten an Zukunft méi Formationne mussen maachen an dofir verdénge si och eng adequat Entschiedegung.

**(Mme Simone Beissel prend la présidence.)**

Madamm Presidentin, déi Dausende Fräiwëllege engagéiere sech aus Iwwerzeegung an net wéinst de Suen. Hir Aarbecht ass och guer net mat Suen ze bezuelen. An awer lancéieren ech hei den Appell un den zukünftige Verwaltungsrot vum CGDIS: Spuert net bei der Entschiedegung vum eise Fräiwëllegen!

Nieft der Entschiedegung wäerten déi Fräiwëlleg och d'Méiglechkeet kréien, d'Käschte fir eng Zousazpensiouen oder eng Zousazkranke-versécherung bis zu 50% vum CGDIS rembourséiert ze kréien, mat engem Plaffong vun 1.600 Euro d'Joer.

Eng aner Neierung fir déi Fräiwëlleg ass d'Afféiere vun enger Allocation de reconnaissance. Dës huet jiddwereen zegutt, wann en op d'mannst 15 Joer Asaz bewisen huet. Dës Allocation ass op 600 Euro begrenzt, mä dofir sinn och dës Sue steierfräi.

Eng weider Motivatioun, fir sech als Fräiwëllegen ze engagéieren, ass d'Virrecht bei der Ustellung als Haaptberufflechen. Deemno kritt e Fräiwëllege bei der Astellung Prioritéit a kann esou méi lichter säin Hobby zum Beruff maachen. Well d'Asätz ëmmer méi komplex a méi technesch ginn, ass de Fräiwëllegen hir Ausbildung enorm zäitintensiv. Fir deem Rechnung ze droen, gëtt de sougenannte Congé spécial fir déi Fräiwëlleg erhéicht. Op zwee Joer gekuckt, kënnen 20 Deeg Congé fir Formationszwecker genotzt ginn.

Zu gudder Lescht wëll ech dann och drun erënneren, dass d'Niewenaktivitéite vun deenen eenzelne Corpse wéi Porte-ouvertes, Buergebrennen, Baler, Rallyen a Grillfester an esou weider och no der Reform sollen erhalte bleiwen. Dëst soll a Form vun Amicale passéieren, déi de CGDIS finanziell ënnerstëtze wäert.

Madamm Presidentin, et war eng haart Noss, e Gesetzestext hinze kréien, deen den Transfert vum Material, de besteeënde Raimlechkeeten an dem Personal vu Stat a Gemengen an den neien Établissement public juristesche beschreift. Déi Noss ass awer geknackt ginn. Mir setze mat dësem Gesetz de Kader fir d'Rettungswiese vu muer. Mir wäerten awer nieft enger Schëpp Gedold och déi néideg finanziell Mëttel mussen opbréngen, fir landeswäit dës performante Rettungsservice kënnen ze garantéieren.

Eent ass awer ganz kloer: Dat wäert eppes kaschten, mä dat si mer eise Bierger schëlleg. D'Finanzéierung vum CGDIS soll zur Halschent vun de Gemengen an zur Halschent vum Stat geleescht ginn. An der zoustänneger Chamberskommissioun gouf annoncéiert, dass d'Ausgabe fir d'Rettungswiesen dëst Joer bei ronn 99 Milliounen Euro leie wäerten. Dës Montant wäert déi nächst Joren nach kontinuéierlech an d'Luucht goen. Eng Professionaliséierung gëtt et net zum Nulltariff.

Dem Bierger, deen a sengem Auto ageklemmt ass a risquéiert, ze verbludden, deem ass et och egal, ob säi Liewensretter mat de Steiersue vun de Gemengen oder mat de Steiersue vum Stat bezuelt gëtt. De fräiwëllegen a professionelle Pompjeeën an Ambulancierien ass et och ge-

nausou egal, ob d'Kasär, den Asazcenter, den Tankwou, d'Ambulanz, de Schlauch an den Defibrillator der Gemeng, dem Stat oder dem CGDIS gehéieren. Dat fenzegt, wat zielt, ass, dass d'Material asazbereet ass, fir dass déi Leit, déi Hëllef brauchen, séier a kompetent kënnen gehollef kréien. A genau dat verspricht dës Reform.

Madamm Presidentin, d'Reform vum Rettungswiesen ass virun allem d'Zesummeleeë vum der staatlecher Protection civile an den 134 Pompjeescorpsen aus den 102 Gemengen. Dat heescht konkret, dass all déi Fräiwëlleg an Haaptberufflech ab dem 1. Juli ënner eng gemeinsam Hierarchie gestallt ginn, de CGDIS.

Mir schafen also endlech eng konkret Hierarchie, wou jiddweree weess, wat en ze maachen huet a wie wéini d'Asazleedung huet. Déi sougenannte Chaîne de commandement tèschent Protex, Pompjeeën a SAMU gëtt elo endlech kloer definéiert.

Dat wier viru 50, jo och virun 20 Joer nach guer net esou denkbar gewiescht. Vun der ehemoleger Rivalitéit tèschent Protex a Pompjeeën ass um Terrain kaum nach eppes ze spieren. Ganz am Géigendeel. Et gëtt probéiert, bescht-méiglech dat gemeinsam Zil ze erreichen. D'Leit, déi sech am Rettungswiesen engagéieren, ob fräiwëlleg oder haaptberufflech, ob bei der Protex oder bei de Pompjeeën, eppes hu si all gemeinsam: De Wonsch, de Leit an Nout ze hëllefen, an dat ënnert deene beschten Ëmstänn.

Mëttlerweil huet d'Praxis eis an enger ganzer Rei Asazentree gewisen, dass d'Zesummeschaffe vu fräiwëllege Pompjeeën a Protex ganz gutt fonctionnéiert. E gutt Beispill, wéi ee Synergie schafft, sinn d'Beruffspompjeeë vum der Stad Lëtzebuerg. Um Gebitt vum der Stad Lëtzebuerg gëtt vun enger Plaz aus dee ganze Spektrum vum Rettungswiesen ofgedeckt: d'technesch Hëllefleeschtung, d'Brandbekämpfung an d'Ambulanzwiesen. Dofir soll fir déi Haaptberufflech vu muer de Formationsniveau vum der Stater Beruffspompjeeë landeswäit ugestriift ginn.

D'Verbesserung an d'Moderniséierung vun der Formation ass ee Schlüsselement vun dëser Reform. Als Haaptberuffleche beim CGDIS ass een awer keng „eierlegende Wollmilchsau“, mä et gëtt eng zolidd Grondausbildung mat uschlëssender Spezialisatioun verlaangt a gefuerdert.

En éischte positive Schrëtt ass iwwregens virun dräi Joer gemaach ginn, wéi d'Formation vum den neien haaptberufflechen Ambulancierien op d'mannst deelweis schonn zesumme mat de Stagiairë vum der Stater Beruffspompjeeë gemaach gouf. D'Steigerung heivun ass am Moment ze gesinn, wann ee sech op der Areler Strooss oder zu Jonglënster am Zenter beweegt. Hei gi 50 nei Haaptberufflecher ausgebilt, an dat a Gruppe vu jeeweils 25 Stéck.

Déi gemeinsam Formation vum der Verwaltung vum der Rettungsdéngschter a vun de Beruffspompjeeën ass e Meilestee fir d'Lëtzebuurger Rettungswiesen. Dofir ass d'DP och frou, dass d'Beruffspompjeeën net, wéi ufanks geplangt, eréischt no fënnf Joer an de CGDIS integréiert ginn, mä si kënnen direkt vun Ufank un hir Erfahrung mat hiren neie Kolleegen deelen.

Ech wëll op dëser Plaz dofir de Verantwortleche vun der Stad Lëtzebuerg an der Regierung felicitéieren, fir nom Accord fir de Bau vum nationalen Asazcenter CNIS am Joer 2015 och en historieschen a gerechten Accord fonnt ze hunn, ënner wéi enge Konditiounen den Transfert vun de Stater Beruffspompjeeën an de CNIS ofzelafen huet.

Duerch d'Gesetzesëmännerungen an duerch d'Agräifen an d'Ënnerstëtzung vun der Stad Lëtzebuerg gouf séchergestallt, dass kee Beruffspompjee duerch d'Reform benodelegt gëtt. Alles aneres wier näamlech fir dës Leit, deene viles ze verdanken ass an déi elo am Kader vun der nationaler Solidaritéit mat hirer enormer Erfahrung hëllefle wäerten, en nationaalt, eenheetlecht Rettungswiesen opzebauen, e riichte Schlag an d'Gesicht gewiescht.

Madamm Presidentin, Ännerunge féieren dacks zu Ongewëssheet an Ängschte bei de Leit um Terrain. Dat kann ech och ganz gutt novollzéien. An awer wëll ech berouegen. Ech hu vollst Vertrauen an den Direkter a seng Equippen an ech zweifelen net drun, dass dës Reform eng Success Story wäert ginn. Et wäert eng Ëmstellung fir vill Leit sinn. Et wäert och vläicht net alles vun haut op muer perfekt klappen, mä mir wäerte mëttelfristeg dat Rettungswiesen hunn, wat eist Land verdéngt.

Allgemeng ass den Enthusiasmus fir Reformen hei am Land jo net ëmmer ganz grouss. Bei der Reform vum Rettungswiese war dat awer anescht. An dat haaptsächlech duerch d'Beereetschaft vun de Verantwortleche vun de fräiwëllege Pompjeeën, de Beruffspompjeeën

an der Protex. Ech si mir bewusst, wéi vill Courage an intern Iwwerzeegungsarbecht néideg war, fir dëser Fusioun zouzestëmmen an domat ee Kapitel Lëtzebuurger Rettungswiesen ofzeschleissen an een neit zesummen opzemaachen.

Mat der Zoustëmmung eleng war et awer nach laang net geden. Si hunn dee ganze Prozess vun der Iddi bis zum haitege Vott ganz aktiv begleet. An och heimat ass et nach laang net geden. Elo gëllt et, all zesummen Neiland ze betrieden an Erfahrungswäerter ze sammelen, dat Gutt bäizebehalen an dat manner Gutt zesummen ze verbessern.

Och wann et nach vereenzelt Skeptiker ginn, elo gëllt et, all zesummenzeschaffen, fir de Leit an Nout bescht-méiglech ze hëllefen.

Madamm Presidentin, wann ech soen, all zesummeschaffen, dann denken ech nieft de Rettungsdéngschter och un déi medezinnesch Noutfallhëllef op der Asazplaz. An akute medezinneschen Noutfall ass näamlech och dee beschten Ambulancier, Rettungssanitärer oder Rettungsassistent op d'Kompetenze vun engem Dokter ugewisen. Dofir begrüessen ech d'Integratioun vum SAMU an de CGDIS. De SAMU ass de verlängerten Aarm vum Rettungsdéngscht, wann d'Hëllef vun engem Dokter op der Plaz gebraucht gëtt. Dat ass glécklecherweis net ëmmer de Fall. Déi meescht Ambulanzasätz kënnen och ouni Dokter gemeeschtert ginn.

Mä wann den Dokter da gebraucht gëtt, da geet et dacks ëm Liewen an Doud an da gëllt et, en Dokter esou séier wéi méiglech op d'Asazplaz ze kréien. Ech soen hei awer riichte-raus, dass déi aktuell dräi SAMUen am Land - zu Esch, zu Ettelbréck an an der Stad - net duerginn. Dräi SAMUe ginn net duer, fir e performante Service unzibidden, an dat gëllt besonnesch am ländleche Raum. D'DP fuerdert also ganz kloer, d'Unzuel vun de SAMUen ze erhéien.

D'DP bedauert awer och, dass am Noutfall net op Hausdokteren aus der Géigend zréckgegraff gëtt. Am ländleche Raum waart een deelweis 40 Minutten op de SAMU a méi. Dofir loosst déi Hausdoktere schaffen, déi wëlle schaffen, a bannt déi, déi wëllen, an d'Noutfallkonzept an.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Max Hahn (DP).** - D'Hausdoktere si Vertrauenspersounen an och an Nout oft déi éischt Ulafstell oder déi zweet, wann de SAMU net schnell erbäikënnt. An am ieweschten Norden ass et scho méi wéi eng Kéier virkomm, dass déi Fräiwëlleg eise Kolleg, dem Edy Mertens, ugeruff hunn, wann...

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Max Hahn (DP).** - ...wann den Helikopter wiederbedéngt net fléie konnt an de SAMU net disponibel war.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dann ass den Edy geflu komm.

**(Hilarité et brouhaha)**

► **M. Gilles Baum (DP).** - Elo kritt en eng blo Luucht.

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Den Här Hahn hëlt eng Schlupp Waasser an dann ass wann ech gelift Rou am Sall, dass e ka virufueren.

► **M. Max Hahn (DP).** - Bei Dag an Nuecht an ouni ze zécken, fiert den Edy mat sengem Auto op d'Asätz an huet esou schonn dat eent oder dat anert Liewe gerett. Mä et kann een esou Doktere wéi den Edy awer och vill méi systematesch mat abannen an net eréischt wann de „first responder“ sengen Hänn kee Rot méi weess. An da kann et net sinn, dass dës Dokteren um Wee fir op den Asaz am Stau stinn. Dofir mussen dës Dokteren och d'Méiglechkeet kréien, hir Autoe mat enger bloer Luucht an enger Sireen ze equipéieren.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

**(Brouhaha)**

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une voix.** - Dem Edy säi Wonsch geet an Erfüllung.

► **M. André Bauler (DP).** - Endlech eng blo Luucht.

► **M. Alexander Krieps (DP).** - Edy, hien huet et gesot, hien huet et gesot.

► **M. André Bauler (DP).** - Maacht Neel mat Käpp.

► **M. Max Hahn (DP).** - Här Minister, ech mengen, Dir spiert déi breet Zoustëmmung heibannen am Haus.

**(Hilarité)**

An dofir brauche mer lech och guer keng Motioun hei virzeleeën.

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Eng blo Luucht fir den Edy.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Kaaft dem Edy eng Luucht!

**(Brouhaha)**

► **M. Max Hahn (DP).** - Dofir wëll ech lech, Här Minister, froen, lech dëser Saach schnellstméiglech unzehuelen. Mir verkafe Lëtzebuerg jo ganz gären am Ausland als e Land vun de kuerzen administrative Weeër. Här Minister, weist eis dat. Schreift d'Hausdokteren un. Bannt si optional mat an de System an a suergt dofir, dass si um Wee fir op den Asaz net müssen am Stau stoen. Et ass am Interessi vun de Patienten.

Madamm Presidentin, och wann dat näischt direkt mat dësem Gesetz ze dinne huet, muss dofir gesuergt ginn, dass d'Patienten och no der Äliwwerung an d'Urgencé schnellstméiglech déi noutwendeg Versuergung kréien. Mat iwwer 200 Passagé pro 24 Stonne muss een och d'Personaldecken do nei analyséieren, och wann hei weider finanziell Mëttel missten deblockéiert ginn, sief et vum Stat oder och vun der CNS.

An engem Land wéi Lëtzebuerg, e Land mat esou engem héije Liewensstandard, e Land mat genuch Suen, muss dréngend eng Léisung fonnt ginn, fir dass d'Qualitéit an den Urgencen de Besoine gerecht gëtt.

Madamm Presidentin, viru véier Woche war ech zu Schuller um Buergebrennen.

**(Brouhaha)**

Wéi d'Buerg ugefaange ginn ass, huet dat dräijäregt Milla ganz opgeregert gesot: Elo kënnt de Sam. Gemengt war de Sam, der Feuerwehrmann. Net nëmme d'Milla, mä ganz vill Kanner schwärme fir alles, wat mat Pompjeeën ze dinne huet, sief et op der Télee, a Bicher, als Fueskostüm oder als Spillsaach. E ganz besonnesche Moment fir d'Kanner ass et, wann e Pompjeescamion mat der Sireen an der bloer Luucht laanscht si fiert.

Ech kann lech verroden, dass déi faszinéiert Blécker vun de Kanner och aus de Gefierer eraus wouergeholl ginn an ee beréieren. Trotz dëser Faszinatioun maache leider vill ze wéineg an ëmmer manner Jugendlecher de Schratt, fir sech als Ambulancier oder Jugendpompjee ze engagéieren. Minus 30% säit 2001.

Fir dass de Projet vum neien, performante Rettungswiesen zu Lëtzebuerg och e Succès gëtt, brauche mir awer genuch Leit, haaptberufflecher an och fräiwëlleger a besonnesch Nowuess, also jonk Pompjeeën.

Här President, äänlech wéi mer dat bei der Police, bei der Douane a bei der Arméi kennen, wäert et och fir de CGDIS e richtegen Challenge ginn, fir genuch Leit kënnen ze rekrutéieren, fir sech an dësem ganz interessanten a villfaltege Beruff ze engagéieren.

Jo, Pompjee ass méi wéi jee e Beruff mat Zukunftsperspektiven. Dat heescht zum enge fir déi sëllege Fräiwëlleger, hiren Hobby zum Beruff kënnen ze maachen, an zum aneren eng Chance fir jiddereen op e Beruff, dee méi ofwiesslungsraich net kéint sinn. Et ass net virauszeseen, wat am nächste Moment passéiert: en Autosaccident, e medezinneschen Noutfall, e Brand oder eng Katastroph wéi en Zuchoder Fliegeraccident.

A bal kengem anere Beruff gëtt d'Kollegialitéit esou groussgeschriwwé wéi bei de Pompjeeën, well e Pompjee weess genee, dass een deen anere brauch. Et ass awer och zweifellos e Beruff, deen net fir jiddweree gemaach ass. Et dierf een net vergiessen, dass déi Leit, déi den 112 urufen, an Nout sinn an net méi widerwëssen. Dat heescht zum engen, dass een nëmme ganz seele flott Saache gesäit, an zum aneren, dass een e ganz breet Wësse muss hunn.

De Ferdinand Rockholtz vun de Beruffspompjeeë vu Remscheid huet dat eng Kéier e bëssen iwwerspéizt mat folgendem Saz beschriwwen: „D'Wësse vun engem Beruffspompjee muss esou breet wéi den Ozean, awer nëmme esou déif wéi e Pull sinn.“

Dofir sinn ech frou, dass mat dëser Reform d'Formationen och e ganz grouse Stellwäert kritt. Nieft der theoretescher a praktescher Ausbildung muss ee sech och permanent fit halen. Fit, fir am Asaz esou performant wéi méiglech kënnen ze agéieren. Et gëtt gären ënnerschat, mä während den Asätz sinn dacks enorm kierperlech Efforten néideg, an dat mécht een net am Jogging an an der kuerzer Box, mä mat enger massiver Schutzausrüstung an oft mat Otemschtzgerät. Eleng déi weien iwwer 20 Kilo. Den Alter an d'Geschlecht sinn hei och ganz egal. D'Gewicht ass fir jiddwereen dat-selwecht.

Och am Ambulanzwiese gëllt et, fit ze sinn. Et ass net einfach, Blesséierter oder Kranker vum sechste Stack, an déi hu jo da meeschtens kee Lift, a méiglechst kuerzer Zäit erauszekréien.

Madamm Presidentin, ob Fra oder Mann, ob Haaptberufflechen oder Fräiwëllegen: D'Pompjeeën, d'Ambulancierien an d'Sauveteure



leeschten esou vill fir eis Gesellschaft. 24 Stonnen op 24, Dag fir Dag!

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Jo, si ginn Dag an Nuecht eraus, fir Leit ze hëllef, deene si nach ni am Liewe begéint sinn. Si denken net u sech, mä un déi, deene si hëllef wellen. Si kréien heiweinst och net all Dag Merci gesot an och net all Dag op d'Schëller geklappt. Dofir wëll ech dat heimat maachen: Merci! Merci fir Ären Asaz, fir Äert Engagement a fir Är Leidenschaft!

Här President, Dir sidd fir de Schluss nach eng Kéier komm.

► **Plusieurs voix.**- Ohh!

**(Brouhaha)**

► **M. Max Hahn (DP).**- Här President, viru bal fënnef Joer, an dat wësst Der, sinn ech an d'Chamber gewielt ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech hätt mer et ni verzien, Äre Schluss ze verpassen.

**(Hilarité)**

► **M. Max Hahn (DP).**- Dat éiert mech natierlech ganz besonnesch.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Mä ech hunn alles rapportéiert kritt.

► **M. Max Hahn (DP).**- Aah! Exzellent! A wann net, Der kënnt dat op Chamber-TV, dat wësst Der och, alles nach eng Kéier nokucken.

**(Hilarité)**

Här President,...

► **Une voix.**- Dir zweifelt awer net un lech selwer.

**(Hilarité)**

► **M. Max Hahn (DP).**- Här President, de Geck an den Eck! Viru bal fënnef Joer sinn ech an d'Chamber gewielt ginn. Do virdru war ech Offizéier bei de Beruffspompjeeën. Dofir waren d'Erwaardunge vun de fréiere Kolleegen natierlech besonnesch grouss, dass sech eppes am Rettungswiesen deet. Op keen anere Sujet sinn ech dobausse méi oft ugeschwat ginn. Vill vun hinnen hunn un den nationalen Asazcenter CNIS an och un d'Reform scho guer net méi gegleeft. Et goufen einfach ze vill laang eidel Versprieche gemaach.

2015 huet et dunn hei am Haus „ge-CNIS-tert“. De CNIS, also den nationale Asazcenter, ass gestëmmt ginn. An dese sollt 2020 bezuchsfäerdeg sinn. An haut „CGDIS-tert“ et also.

Mission accomplie deemno? Neen, absolutt net! Wéi heescht et esou schéin: Nei Weeër entstinn doduerch, dass ee se geet. Dëst Gesetz ass just den Ufank vun engem neie Wee. E Wee, dee laang geplangt gouf a wou probéiert ginn ass, un alles ze denken; an dat zesumme mat deenen, déi bis elo e gutt Stéck Wee gaange sinn.

Dësen neie Wee gëllt et, elo zesumme mat allen Akteuren ze goen. Wat dee Wee eis alles bréinge wäert, wësse mir haut nach net. Wat mir awer wëssen, dat ass, dass de Wee stengeg wäert ginn. A mir kennen eist Zil: d'Rettungswiesen esou opstellen, fir de Leit schnellst- a beschtméiglech ze hëllefen.

Här President, ech sinn houfreg, zu dësem Gesetz den Accord vun der DP kënnen ze ginn an domat dozou bäizedroen, dass d'Zukunft vum Rettungswiese garantéiert ass. Ech géif awer net ophalen, ouni dem Rapporteur Frank Arndt Merci ze soe fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport.

Zum Schluss wënschen ech dem ganze Staff vun CGDIS méiglechst weineg Asätz, a virun allem: Kommt erëm gutt a gesond zrëck!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An den Här Roberto Traversini fir déi gréng ass scho prett.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).**- Grazie, Signor Presidente. Léif Kolleginnen a Kollegen, Här Minister, dem Rapporteur Frank Arndt Merci fir deen exzellente Rapport an och Merci fir déi Zesummenaarbecht an der Kommissioun.

Haut stëmmen mer mat dëser Reform vun de Rettungsdéngschter e ganz wichtegt Gesetz. E Gesetz, bei deem et der Regierung an och eise Haus drëm geet, de Leit am Land eng méiglechst séier a professionell Hëllef ze bidden, wa Feier ass oder Accidenter sinn. Gläichzäiteg hu mir et, an do muss ech d'Regierung ausdrécklech luewen, bei deene ganzen Aarbechten un dëser Reform fäerdegbruecht, d'Benevollen, op deenen dëse Secteur historesch ëmmer opgebaut war, an d'Reform mat anzebezielen, geneesou wéi déi bishereg professionell Rettungskräfte. Dofir ass et och

kloer, datt mir als Gréng dëst Gesetz wäerte stëmmen.

Ech wäert a menger Ried méi spezifesch op e puer historesch Aspekter vun dëser Reform agoen, an zum Schluss awer och nach e wichtigen Aspekt vun der praktescher Ëmsetzung opgräifen.

Mat dëser Reform hu sech de Stat, a méi speziell dës Regierung, hirer Verantwortung gestallt an den néidege Courage bewisen a gewisen, fir och e schwierigen Dossier unzepaken an eng propper a modern Léisung zum Wuel vun alle Leit zu Lëtzebuerg ze fannen; an och iwwert d'Grenzen ewech, well heiansdo, wann ee bei de Grenze wunnt, da gesäit ee ganz gutt, datt mer och heiansdo iwwert d'Grenzen hëllef ginn.

All Statswiesen, a wa mer geschichtlech nach méi fréi kucke ginn, all Zesummeschluss vu Mënschen zu Familljen, zu engem Clan oder Stamm, a schlisslech zu engem Stat, hat als een Haaptzil ëmmer d'Bereetstellung vun der Ressource Sécherheet. Sécherheet ëmfaasst heibäi natierlech engersäits d'Sécherheet géint d'Bedréiung vu baussen, géint aner Clanen an aner Staten, mä virun allem och géint d'Risiko vun der Natur am Alldag. D'Fäegkeet zur Bereetstellung vun dëser Sécherheet ass deemno eng zentral Staatsaufgab. An en dauerhaften Defizit op dësem Gebitt kann zu engem Problem fir e Stat ginn.

Wat heescht dat elo konkret fir d'Rettungswiesen? Majo, et gouf schonn ëmmer probéiert, Bränn zesummen ze läschen a bei Accidenter ze hëllefen, an der Antiquitéit geneesou wéi haut. Den Ennerscheid ass awer, datt jee no Gesellschaft an Zäitperiod dat méi oder weeniger spontan an improviséiert geschitt, zum Beispill duerch mëttelalterlech Zünften.

Duerch dat kontinuéierlecht Wuesse vun den Dierfer a Stied zu ëmmer méi grousser Siidlunge bis hin zu de groussen éischte Grousstied hunn d'Risiken an d'Bränn, déi bis dohinner vläicht just op eenzel Haiser oder Famillje beschränkt waren, ëmmer méi ganz Dierfer a Stied betraff.

En éischte wichtige Paradigmewissel koum du mat der Franséischer Revolutioun. No villfache Katastrophen, dacks och duerch Kricher, ass et schlisslech den Napoléon Bonaparte, deen de militäresche Pompjeescorps zu Paräis schafft. Deen hate mer schonn eng Kéier, de Bonaparte. Dat war bei de Kierchefabriken.

**(Brouhaha)**

Dat sinn och schonn e puer Honnert Joer hier.

Dësen éischte Corps kann duerchaus als Virbild gëlle fir all weider Pompjeescorpsen zu dëser Zäit an Europa. An do si mer dann och zu Lëtzebuerg ukomm. Lëtzebuerg war jo fir eng kuerz Zäit Deel vu Frankräich, vum Département des forêts. An dat huet derzou gefouert, datt per Dekret d'Buergermeeschtere vun de Stied a Gemengen net méi offiziell fir d'Sécherheet vun hiren Awunner zoustänneg waren, mä och kloer verantwortlech goufen.

D'Gemegepolitiker heibanne kennen déi Texter, vun deenen ech schwätzen, sécherlech ganz gutt. An engem Dekret vum August 1790, esou laang ass dat schonn hier, steet zum Beispill folgend Missioun vun de Gemengegappen a Gott sei Dank och Gemengemammen: «Le soin de prévenir par les précautions convenables, et celui de faire cesser par la distribution des secours nécessaires, les accidents et les fléaux calamiteux, tels que les incendies.» An da kommen nach weider Saachen, mä déi wëll ech elo hei iwwersprangen.

Op dësen Zeile berout bis haut d'Zoustännegkeet vum Buergermeeschter respektiv vun de Gemenge fir de Brandschutz. An aller Regel stäipe sech d'Lëtzeburger Gemengen dofir spéitstens ab der Mëtt vum 19. Johonnert op de fräiwëllege Pompjeescorps, dee sech iwwerall no an no forméiert hat.

Am Geescht vun der deemoleger Zäit an engem dach zimlech neien a wackelege Lëtzeburger Nationalstat a vläicht och nach weinst der napoleonescher Tradition war dat bausécht Erscheinungsbild vun eise Pompjeeën duerch d'Uniform a Fändele geprägt.

Mä och wann dëst Erscheinungsbild méi oder manner militäresch gewierkt huet, esou war déi intern Organisatioun vun de Corpsen awer éischter milizenhaft. Dat heescht, d'Féierungskräfte vun de Corpse goufen net vum Stat designéiert, mä méi oder manner demokratesch gewielt. Do sinn och e puer komesch Saache virkomm.

Dat ass scho bemierkenswäert, well Lëtzebuerg als Stat zu där Zäit nach wäit ewech vun engem allgemenge Wahlrecht fir jiddweree war. An och d'Recht vun de Bierger, fir sech zu Veräiner zesummenzeschleissen, war ebenfalls nach ganz jonk. Bis dohinner war et keng Selbstverständlechkeet, well déi politesch -nenne mer se esou - Obregkeet hat bis dohin-

ner d'Zesummerottunge vu Bierger ëmmer als zimlech suspekt gesinn an net wirklech encouragéiert, éischter de Géigendeel.

D'Recht fir all Bierger, sech ze associéieren, war also een Novum an där Zäit. An esou gesinn, waren déi éischt Pompjeescorpsen och eng Aart neien Ausdrock vun der biergerlecher Emanzipatioun vun der Obregkeet. A gläichzäiteg ware se och Ausdrock vun der sozialer Kohäsion zu enger Zäit, wou e Brand bal ëmmer de komplette Ruin bedeit huet. D'Feiersversicherung waren zwar schonn erfonnt, mä extrem selten a ganz sécher näischt, wat den Normalbierger konnt bezuelen. Déi wäit Verbreedung vun de fräiwëllege Pompjeescorps bis an déi allerlescht Ecker vu Lëtzebuerg ass domadder ze erklären, datt d'Stroosseverhältnissen an d'Päerdskraaft respektiv d'Kutschen eng auswärtig Hëllef zu enger extrem lueser a risikohafter Geschicht gemaach hunn. Fir séier kënnen ze läschen, huet ee musse séier do sinn. An dee Saz gëllt och nach haut.

Trotz deem dättelechen technesche Fortschritt am 19. an am 20. Johonnert blouwen dës Pompjeesstrukturen awer wäitgoend onverännert erhalen, an zwar bis an d'60er Joren. Déi Fräiwëlleg goufen duerch de Stat verséichert, duerch d'Gemenge mat staatleche Subventiounen équipéiert an duerch deen nationale Pompjeesverband rudimentaire ausgebilt. Eleng eis Haaptstad konnt sech richteg Beruffspompjeeë leeschten. Déizäit hate se scho vill Suen.

An der Zäit onmëttelbar virum Zweete Weltkrich war Lëtzebuerg mat der Méiglechkeet vu massive Loftugriff konfrontéiert. Dofir ass d'Verdunklung 1938 gesetzlech geregelt ginn an de Bau vu Luftschutzbunkeren ass ugefaange ginn. D'Okkupatioun duerch d'Nazien huet deem en Enn gesat.

Et ass scho bal ironesch, datt ënnert dem Besatzungsregime de Luftschutz, dee vun der Lëtzeburger Regierung virum Krich geplangt gi war, erëm agesat gouf. Lëtzebuerg war jo net nëmmen okkupéiert, mä och annektéiert. Dofir waren d'Strukture vum Reich och all zu Lëtzebuerg erëmfannen, an eben och de Reichsluftschutz, dee sech déi fräiwëlleg Pompjeeën accaparéiert huet. De Virdeel heivunner fir d'Lëtzeburger war, datt se hir Participatioun beim Luftschutz als Excuse huele konnten, fir net Member vun anere politeschen NS-Organisationen ze ginn. Eng Ausbildung huet regelméisseg stattfonnt, no Virgab vum Reichsluftschutz.

Iergendwann ass de Luftschutz en Deel vun der Ordnungspolizei ginn, déi dem Reichssicherheitshauptmann ënnerstane huet. Un der Spëtzt vum Reichssicherheitshauptmann war de Reichsführer SS an de Chef vun der däitscher Police. No der Okkupatioun ass Gott sei Dank erëm alles réckgäנגeg gemaach ginn.

Am Ufank vun de 50er Joren ass de Kale Krich ugaangen. De Conseil national de la protection civile ass gegrënnt ginn an d'Regierung huet Liewensmittelreserven ugeluucht. D'Gemengen hu Subventiounen kritt, fir Feierläscher a Rettungsgeräte ze kafen, an et huet ee Subventiounen kritt, fir Bunkeren ze bauen.

Um Enn vun de 50er Joren huet ee gemierkt, datt een en Instrument gebraucht huet, fir déi Gefore vun der Techniséierung vun de Liewensverhältnisse a vum Trafic op de Stroossen, dee stänneg zougeholl huet, entgéintzewirken. Et ass do, wou d'Protex gegrënnt ginn ass.

D'Memberen hunn deem Begrëff „Protection civile“ eng besonnesch Interpretatioun ginn, a si hunn d'militäresch Struktur ofgeleent.

De Stat wollt eng Institutioun schafen, fir am Fall vu gréisser Krise reagéieren ze kënnen, mä en hat awer déi néideg Voraussetzungen net geschafft. D'Protection civile huet zwar dem Stat ënnerstane, mä hat awer keng Féierungsstrukturen. Déi fräiwëlleg Pompjeeën hatten och nëmmen rudimentaire Féierungsstrukturen. Laang Asätz oder Asätz e bësse méi wäit waren net virgesinn.

En anert Instrument fir de Krisemanagement war den Haut-Commissaire à la protection nationale, deen 1963 gegrënnt ginn ass. Et ass e Koordinatiounsorgan tëschen allen Akteuren am Fall vu grousser Krisesituatiounen oder vu Krich. E besteet zum Deel aus Offizéier vun der Police a vun der Arméi, mä en huet keng operativ Befehlsgewalt. En ass 1994 nom Zesummebroch vum Ostblock desaktivéiert ginn an nom 11. September 2001 erëm aktivéiert ginn.

Eng international Expertekommissioun huet 2011 festgehalten, datt d'Grënnung vu Féierungsstrukturen dat wichtegst Element vun enger Reform misst sinn. Dofir sinn awer rechtlich, organisatoresch an technesch Verännerungen néideg. D'Kreatioun vum CGDIS bréngt rechtlech Verännerungen mat sech, déi Beruffsprouffler, Carriären, Finanzéierung a Kompetenz schafft oder nei regelt, zum Beispill, fir d'Professionaliséierung ëmzesetzen.

Déi organisatoresch Verännerungen si schonn ageleet, do, wou et rechtlech méiglech ass. Et sinn Ausbildunge geschafft ginn, zum Beispill

fir eng funktionell Chaîne de commandement ze hunn, zu all Moment an iwwerall. Déi technesch Verännerungen betreffen ënner anerem d'Ophuelen an d'Veaarbechtunge vun den Appels à l'aide.

Den digitale Funksystem, de RENITA, bitt méi Méiglechkeeten un, fir d'Meldungen an d'Date weiderzeginn. Dëse Funksystem an déi verännert Chaîne de commandement hänken zesummen a bedénge sech géigesäiteg. Et ass déi éischt Verännerung, déi onmëttelbar Auswierkungen op d'Akteuren am Asaz huet. Déi rechtlech, organisatoresch an technesch Verännerungen bréngen eng kulturell Verännerung mat sech. Perséinlech Kontakter ginn duerch Organisationsstrukturen ersat, Improvisatiounen duerch Systematik, a Charisma duerch eng formell Qualifikatioun.

D'Connaissances acquises hunn eng Halbwaertszäit, déi vill méi kuerz ass. An de leschte Joren huet sech vill méi geännert wéi an de Joréngten nom Zweete Weltkrich. Déi permanent Upassung un en Domaine d'action, dee stänneg evoluéiert, stéisst un d'Grenze vun deem, wat déi fräiwëlleg Akteuren assimiléieren kënnen a wellen; an dat ëmsou méi d'Pompjeeën an d'Rettungswiesen am beschte Sënn konservativ sinn. Et ass och vläicht dowéinst, datt déi successiv Regierungen déi noutwendeg Reformen net duerchgezunn hunn.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Très bien!

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).**- A kuerzer Zäit huet ee missen 100% vun de Verännerungen ëmsetzen. Et wier méi einfach gewiescht, iwwer 30 Joer 3% vun de Verännerungen ze maachen. Dëst Spill op Zäit vun der Regierung virdrun huet d'Ëmsetze vun der Reform zu enger Mammutaufgab gemaach.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).**- Dat ass virun allem wouer, wat d'Ausbildung ubelaangt. D'Sekuristen, egal ob se benevoll oder professionell sinn, si mat deeneselwechte Bränn, Accidenter a Verletzunge konfrontéiert. An d'Bierger hunn all e Recht op Schutz, Hëllef a souguer Iwwerliewen, egal a wéi engem Regime de Sekurist ass.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).**- De Piliervun all Reform ass d'Formatioun. A genau dat ass och bei dëser Reform séier erfaasst ginn. Ouni déi néideg Formatioun ka keng Reform Friichten droen. Dat gouf och séier erkannt an en zentrale Leetsaz vun dëser Reform, wann et ëm d'Formatioun giong, ass folgenden: „Mir wellen, datt all Mënsch, dee bei eis am Land wunnt oder schafft, déi nämleche Hëllef a kuerzer Zäit kritt.“

Dat heescht à la base, dass dat proklaméiert Zil vun der Reform ass, d'Formatioun ze vereenheetlechen. All fräiwëllege Pompjee wéi och all Ambulancier soll duerch d'Bänk identesch forméiert ginn. D'Beruffspompjeeën an der Stad an déi aktuell haaptberufflech Agents professionnels vun der Administration des services de secours sollen op ee Wëssensstand bruecht ginn.

Domat ass awer dann am Beräich Formatioun nach laang net Schluss. Déi Fräiwëlleg, also déi Ambulancieren oder Pompjeeën, déi dat net als Beruff maachen, müssen op deen nämlechen Niveau bruecht gi wéi hir berufflech Kolleegen. An deem Beräich geet et nach laang net esou einfach, wéi ee sech dat am Ufank virgestallt huet.

Villes vun deem, wat e fräiwëllege Pompjee oder Ambulancier haut muss maachen, fir op den Niveau vun engem berufflechen ze kommen, ass net mat e puer Deeg Formatioun geden. Schon eleng, wann ee sech d'Stonnenzuel vun der Formatioun vun engem Fräiwëllegen a Berufflechen ukuckt, mierkt een, dass de Fräiwëllege knapps 15% vum Stonnenusaz huet.

Elo stellt sech d'Fro, wéi d'Reform den Ennerscheid kompenséiert. Natierlech huet ee Fräiwëllegen eng aner Motivatioun wéi ee Berufflechen, well nach laang net all Beruffleche gëtt aus de Reie vun de Fräiwëllege rekrutéiert. Dat bedeit, dass vill Formatioun op déi Fräiwëlleg duerkënnt.

An där haiteger Aarbechtswelt gëtt et awer par contre ëmmer méi schwéier, niewent der eigentlecher Aarbecht dës Zäit ze kréien, déi ee brauch, fir d'Formatioun ze maachen. Natierlech gëtt elo am Kader vun der Formatioun de Pompjeescongé, de Congé sapeur, op iwwer 60 Deeg gehéicht. 60 Deeg op e ganz Aarbechtliewe verdeelt, sinn awer nëmmen knapps 1,2 Deeg Formatioun pro Joer. 1,2 Deeg also, déi müssen duergoen, fir engem Pompjee all



déi Erneierunge bäizebréngen, déi an deem Joer koumen. Dat ass eng Saach vun der On-méiglechkeet.

Déi 60 Deeg sinn eendeiteg e positivt Signal fir de Volontariat. An awer ass et, am Verglach mat deem, wat e Fräiwëllege muss maachen, fir deen nämlechten Niveau wéi de Beruff-lechen ze kréien, just den Ufank. A genau dowéinst muss ee sech d'Fro stellen, wéi een déi Formatioun kéint erweideren. Wéi eng Méiglechkeete gëtt et, fir de Fräiwëllegen dat Wëssen ze ginn, wat Berufflecher hu respektiv kréien?

Hei gëtt et eng ganz Rei Méiglechkeeten. Vun Onlinemoduller, déi ee maache kann, bis zu spezielle Formatiounen, déi autodidaktesch funktionnéieren, kéint ee sech vill Modeller virstellen. Et ass wichteg, datt sech an deenen nächste Méint erauskristalliséiert, wéi ee Wee een do am beschte soll goen. Well eng Reform ouni eng Formatioun fir all déi, déi de Grondstee vum Rettungswiese bilden - also déi Fräiwëlleg -, ass net machbar.

D'Reform, esou wéi se elo dosteet, bitt e Kader fir e modernen an ugepasste Rettungsdéngscht. Dëse Kader muss awer nach weider mat Liewe gefëllt ginn. Jiddwereen, dee Volontaire ass oder gëtt, muss esou forméiert ginn, datt et eng Gläichwärtgkeet vu Fräiwëllegen a Beruffleche gëtt. E Fräiwëllege muss genau-sou professionell kënnen hëllef wéi e Berufflechen. Dat ass den Enjeu, well d'Hëlfe-leeschtung fir de Bierger, ëm deen et jo hei primär geet, soll net drénner leiden, ob elo e Berufflechen oder e Fräiwëllegen als Eischten op der Plaz ass.

D'Aufgab vun der Politik muss et nom Vott vun dësem Gesetz sinn, fir de Professionalismus esou virunzedeiwen, datt jiddwereen dës Méiglechkeet ka kréien, d'Zäit ze hunn, sech mat dem néidege Professionalismus auszubilden. Ënner Professionalismus verstinn ech hei d'Qualitéit vun der Aarbecht an net den Ëmstand, datt ee fir déi Aarbecht bezuelt gëtt.

60 Deeg Congé spécial kënnen, wéi gesot, just den Ufank sinn. An d'Reform ass den Ufank, well déi Leit, déi Hëllef brauchen, deenen ass et egal, ob se vun engem Volontaire oder vun engem Beruffleche kënn. Si muss virun allem séier a kompetent sinn.

Trotz der Professionaliséierung an trotz dem organisatoreschen an technesche Fortschritt bleift déi historesch flächendeckend Präsenz vun eise Benevole ganz wichteg am Fall vun Urgencen an eiser Bevëlkerung. Ouni Benevolen ass d'Flächenofdeckung trotz Professionaliséierung net méiglech.

De First-Responder-Déngscht erlaabt et konkret, Liewen ze retten a Schied ze minimiséieren. Fir de benevollen Déngscht ass et natierlech och wichteg, präsent ze sinn an Nowuess ze fannen. D'Rettungsdéngschter müssen an Zukunft och dru schaffen, datt se e Spigel vun der demografescher Realitéit ginn. Konkret heescht dat, datt d'Fraen an d'auslännesch Bierger adequat integréiert ginn. Well op Dauer kann d'Institutioun, déi fir d'Sécherheet vun iwwer 600.000 Awunner zoustänneg ass, net op d'Halschent vum Rekrutierungspotenzial verzichten.

Et geet drëms, d'Traditioun vun engagéierte benevolle Bierger ze schützen. Wa Strukturen sollen ugepasst ginn, da muss dat esou gemaach ginn, datt dësen Deel vun der Gesellschaft reservéiert a souguer ausgebaut gëtt. Eis Gesellschaft ass villen zentrifugale Kräfte ausgesat. D'Iddi am 19. Jorhonnert, déi derzou gefouert huet, datt dës Institutioun gegrënnt ginn ass, ass déi vun der Solidaritéit an Zäite vu grousser Nout. De Benevolat an eise Rettungsdéngschter ass, méi wéi all aner Form vu Benevolat, derfir géeege, integrativ ze wirken an Orientéierung ze liwweren.

Als kleng Resumé - ech hätt dat och kënnen méi kuerz maachen -, sinn et am Fong geholl dräi Saachen, déi hei wichteg sinn.

Dat Éischt ass: D'Leit kréie ganz schnell geholf, an dat gëtt heimadder gemaach.

Dat Zweet ass: Eis Benevoller ginn net virun de Kapp gestouss. Dat ass och heimadder gemaach ginn.

An dat Drëtt ass: Déi Professionell, déi schonn do geschafft hunn, si matabezu ginn. Dofir ass déi Reform extrem gutt.

An dofir soen ech lech Merci, Här Minister Dan Kersch.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An d'Wuert huet elo direkt de Gast Gibéryen fir d'ADR.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, meng Stëmm ass haut net gradesou gutt, mä dat mécht awer näischt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Da kréie mer och keng Iwwerraschungen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat kann een net garantéieren. Ech wëll am Ufank awer dem Kolleeg Frank Arndt als Rapporteur Merci soe fir säi gudden mëndlechen a schrëftleche Rapport, deen hien eis zu dësem wichtige Gesetz gemaach huet.

Dëst Gesetz, wéi gesot, ass e wichtegt Gesetz, wat als Zil huet, all d'Rettungsdéngschter an enger legaler Struktur zesammenzefassen. D'Aarbecht an der Kommissioun war enorm gutt. Mir hunn an dëser Kommissioun ganz dacks iwwert dëse Projet diskutéiert a souwuel de President, deen d'Sitzung geleet huet, wéi och de Minister, deen ëmmer präsent war mat senger Mataarbechter hu mat eis alleguer zesammen, géif ech mengen, eng parteiwwergräifend Aarbecht gemaach. Et huet kee versicht, sech parteipolitesch ze profiléieren, mä mir hunn alleguer un engem Strang gezunn, fir dëst Gesetz, wat längst iwwerfällg war, zu engem gudden Enn ze féieren.

Et ass net wichteg, ob beim Depot vun deem Projet déi eng oder aner Artikelen hu misse redresséiert ginn. Et ass och net wichteg, ob de Conseil d'État eng oder méi Oppositions formelles gemaach huet. Wichteg ass dat, wat hanneren erauskomm ass, an dat ass e gutt Gesetz.

D'Verännerunge vun eise Land an eisen Awunner an deene leschte Jorzéngte ware rapid. Mir hunn dat schonn dacks heibannen diskutéiert. Mir kréien all Joers 13.000 Awunner weider. Et sinn all Joers 7.000 bis 9.000 Frontalieren, déi weider an d'Land schaffe kommen. Mir kréie méi Betriber, méi Haiser, méi Héichhaiser, mir hu méi Leit, déi sech all Dag müssen deplacéieren mam Auto, mam ëffentlechen Transport, d'Gefore gi méi grouss.

A gläichzäiteg hu mer an deene leschte Jore festgestallt, datt trotz där massiver Entwécklung vun eiser Populatioun de Benevolat hei zu Lëtzebuerg generell zréckgeet an datt mer duerfir, net nëmme bei de Pompjeeën, mä och a villen anere Federatiounen, ëmmer méi grouss Problemer kréien, fir eben den Oflaf nach kënnen ze garantéieren.

Elo kann ee soen: Dat ass generell esou! Mä et gëtt eng Organisatioun, an dat sinn eis Sécherheetsdéngschter, do kënnen mer eis dat net erlaben. An duerfir war et och wichteg a richtig, datt elo politesch reagéiert ginn ass an datt endlech dëst Gesetz op den Instanzewee bruecht ginn ass an haut zu engem glécklechen Enn gefouert gëtt, wou mer dann ebe garantéieren, datt mer eng Struktur hei zu Lëtzebuerg opbauen, déi flächendeckend 24 Stonnen den Dag a siwen Deeg pro Woch garantéiert gëtt.

Ech wëll net op all déi Punkten agoen. Meng Virriedner hu se praktesch schonn alleguer analyséiert. Duerfir wëll ech e puer méi prinzipiell Iwwerleeunge maachen. Déi éischt ass, datt mer eis eens waren, datt all d'Rettungsdéngschter an enger Struktur, an engem Etablissement public, géifen zesummegefuert ginn, ob dat d'Pompjeeë sinn, déi 134 Pompjeescorpsen, déi Fräiwëlleg, d'Beruffspompjeeën hei an der Stad Lëtzebuerg, de Flughafen, de SAMU, d'Protection civile. Dat war ee vun deene grousser Prinzipien, déi mer alleguer ënnerstëtzt hunn.

Deen zweete Prinzip, dee mer an der Kommissioun festgehalen haten, war, datt mer gesot hunn: Egal aus wat fir enger Struktur oder egal vu wou déi Leit zesummegefuert ginn, keen dierf eppes verléieren. An och do si mer eis eens ginn, datt dat am Gesetz säin Nidderschlag fonnt huet. An dat Drëtt war, datt et eng flächendeckend Struktur muss ginn.

All déi Grondprinzipie fanne mer an dësem Gesetz erëm, och wa mer elo nach Diskussiounen kréien, wat d'Propriétéitsverhältnissen ubelaangt, d'Gebaier, d'Material. Ech mengen, d'Gesetz gesäit eng Basis vir a mir kréien och e Règlement grand-ducal. Elo kann een natierlech driwwer diskutéieren, datt dat net wäert esou einfach sinn. Ech mengen, mir wëssen alleguer, wéi dat an deenen eenzelne Gemengen - déi meescht heibanne sinn oder ware Gemeengepolitiker - iwwer Jorzéngte gewuess ass. Déi eng kéier méi, déi aner kéier manner séier ass an de Gemengen investéiert ginn, déi eng kéier dat, wat gebraucht ginn ass, heiansdo och méi wéi vum Stat aus virgesinn, soudatt mer déi verschiddenst Kompositiounen do an de Gemenge wäerten erëmfannen. Mä ech sinn awer iwwerzeegt, och wann dat net einfach gëtt: Mat e bësse guddem Mënscheverstand op där enger an op där anerer Säit wäerte mer och Léisunge fannen, fir datt de CGDIS herno operationell gutt ka funktionnéieren an déi eenzel Gemenge sech trotz allem

doranner wäerten erëmfannen souwéi och déi eenzel Corpsen.

Wichteg, Här President, wäert och d'Formatioun bleiwen, méi wéi jee virdrun. Net nëmme, datt haut d'Material, wat d'Pompjeeën am Asaz hunn, onwahrscheinlech komplex ginn ass, mä och dat, wat se müssen an hirem Asaz bekämpfen, wat se begéinen, gëtt ëmmer méi komplizéiert. An et gëtt méi schwéier fir deen Eenzelnen, ze erfaassen, wat him genau vis-à-vis steet a wat d'Konsequenze vun engem Asaz kënnen sinn, jee nodeem, wat fir ee Material et ass.

Duerfir ass et enorm wichteg, datt mer heider duerch déi Strukture kréien, déi eise Leit aus de Sécherheetssecteuren déi richtig Formatioun erméiglechen. E Pompjee, deen op engem Asaz ass, dee muss kënnen direkt decidéieren. Hie kann net laang iwwerleeën oder laang Rieden halen, mä hie muss déi Formatioun hunn, déi him en effikassen Asaz erméiglecht.

D'Roll vun de Fräiwëllegen, déi nach ëmmer mat 95% wäerten déi grouss Majoritéit stellen, däerfe mer net ënnerschätzen. Mir musse wëssen, datt et am Fong mat deene fräiwëllege Pompjeeën hei am Land ugaangen ass, déi iwwer Generatiounen, ech géif bal soen 200 Joer, a vläicht scho virdrun - well ëmmer, wa Feier war, huet musse geläsch ginn -, sech strukturéiert an opgebaut hunn, déi enorm wichteg sinn an een integrale Bestanddeel vun dem CGDIS musse sinn.

Et brauch een d'Wichtigkeet net hei ervirzestriche vun de fräiwëllege Pompjeeën. Jiddwereen kennt se, jiddwereen huet mat e gelieft a jiddwereen, deen an enger Gemeng aktiv ass, weess, wéi frou e war an ass, datt en déi fräiwëlleg Pompjeeën huet, déi ëmmer do sinn, Dag an Nuecht, fir hiren Asaz ze maachen, fir d'Material an der Rei ze halen, wivill Fräizäit do geaffert ginn ass. An datt souguer ganz Familien, géif ech soen, iwwer Generatiounen Pompjeeë sinn, déi hirt Liewen am Fong ëmmer an den Déngscht vun de Pompjeeë gesat hunn, mir däerfen dat net vergiessen.

A mir musse virun allem drop oppassen, datt mer net zwou Kategoriën vu Pompjeeë schafen, och wann déi eng professionell sinn an déi aner benevoll. Et muss eis een esou wichteg bleiwe wéi deen aneren. An ech mengen, mat dësem Gesetz hu mer déi Kritäre geschaaft, datt déi benevoll Pompjeeën eng Unerkennung kréien, iwwer eng Indemnitéit, iwwer Zousatzpensiounen, iwwert d'Méiglechkeet vu Krankerversécherung, an datt mer dat steierfräi maachen. Bei all deem solle mer net spueren. Déi Leit sollen eng Unerkennung kréie fir hire fräiwëllegen Asaz, dee se joran, joraus maachen.

An datt dat muer Amicallé sinn - dat ass am Fong de Modell, wéi d'Fransousen e scho méi laang bei sech hunn - ass eng gutt Formule. An de CGDIS kann déi Amicallén ënnerstëtzen, esou wéi och d'Gemengen an Zukunft weider déi Amicallén sollen a müssen ënnerstëtzen, fir datt se och bei deem aneren Deel, deem sozialen, kulturellen Deel an eise Gemengen, an eisen Dierfer eng wichteg Roll spillen. Dat soll esou weider funktionnéieren, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

A si hunn awer och déi enorm wichteg Roll - well dat kann de Stat an och de CGDIS als solchen net maachen -, d'Jugend ze begeschnere fir d'Rettungswiesen. Dat geschitt haut nach ëmmer an deenen eenzelne Pompjeescorpsen, an dat muss och muer nach esou geschéien. An duerfir muss déi Basis bleiwen, fir datt mer do jonk Mënschen, och Netlëtzeburger, als Integrationsfacteur kënnen an eise Rettungswiesen ophuelen. Well si sinn d'Basis fir déi, déi muer net nëmme d'Pompjeescorps weider funktionnéiere loosse, mä ech mengen, mer sinn eis och eens, datt dat, wat mer haut hei grënnen, wat mer haut hei stëmmen, an der Zukunft eng Eegendynamik wäert hunn a wäert wuessen.

An et gëtt geschwat, datt mer eng kéier vläicht 500 bis 600 Leit haaptamtlech, haaptberufflech - oder vläicht nach méi! - an deen nationale Rettungsdéngscht do erakréien. Da brauche mer Nowuess. An et soll do eng Méiglechkeet ginn, datt jonk Leit, déi Pompjeeën an hirem Duerf, an hirer Stad ginn, eng Perspektiv kréien - et hu scho vill Riedner dat gesot -, fir aus hirem Hobby kënnen e Beruff ze maachen.

Mir haten eng äänlech Entwécklung, wéi mer heibannen d'Gesetz - dat huet zwar guer näischt mat de Pompjeeën ze dinn - vum Enseignement musical gestëmmt hunn. Deemools hu mer déiselwecht Iwwerleeunge gemaach. Duerch den Enseignement musical hu mer esou ville Leit, Musikanten, d'Méiglechkeet ginn, e Beruff doraus ze maachen Déi hunn dat fréier niewelaanscht gemaach, déi waren an der Militärmusek an hunn dat dann niewelaanscht gemaach. Mä och vill Musikanten hunn de Conservatoire gemaach an hunn dann niewelaanscht Coursé gemaach. An doduerch, datt mer den Enseignement musical gemaach

hunn, hu mer haut eng ganz Rei vu Musikanten, déi dat haut kënnen professionell maachen, wat der Qualitéit vum Enseignement vun der Musek insgesamt zeguttkënn.

Hei kënnen mer datselwecht maachen: Jonke Leit, déi wierklech am Sécherheetssecteur wëllen aktiv ginn, eng Perspektiv ginn, datt se hirt Liewe laang als Professionellen dee Beruff kënnen ausüben, selbstverständlech ënnert deene Konditiounen, déi virgeschriwwen sinn, fir datt ee kann esou ee Beruff ergräifen.

D'Finanzéierung: Dat wäert säi Präis nun emol kaschten, do si mer eis alleguer eens heibannen. An ech hunn dat schonn dacks hei op dëser Plaz gesot: Et gëtt verschidde Saachen, wou ech der Meenung sinn, datt mer als räiche Stat, dee mer zu Lëtzebuerg sinn, net däerfe spueren. Dat ass bei der Versuergung vun eisen eeleren a kranke Leit, eise Fleegefall, wou ech ëmmer soen, datt mer léiwer hunn, datt mer méi Steiere bezuelen oder méi Cotisatiounen erheuen, mä mer sollen net spueren bei der Fleege, bei der Gesondheet, awer och net hei bei der Sécherheet.

Mir hunn all en Interêt drun, datt mer déi beschtméiglech Sécherheetskonditiounen hei erfëllen, souwuel wat d'Material wéi och d'Leit ubelaangt. An duerfir musse mer eben dat Geld doranner investéieren, wat et kascht. Et soll net eng Diskussioun sinn, datt mer soen: Mir hu kee Geld, fir dat ze maachen! Dach! Da musse mer eben aner Prioritéite setzen oder zrécksetzen. Mä ech fannen, d'Sécherheet vun eise Bierger a vun all deene Leit, déi hei duerch eist an an eise Land sech bewegen, déi mussen mer garantéieren, egal wat et kascht.

Déi Diskussioun, ob de Stat dat soll ganz bezuelen, déi kann ee féieren. Och mir hunn deemools géint déi Gesetzer gestëmmt, datt dat sollt iwwert d'TVA, iwwert d'Autosassurance goen. Mir hätte léiwer gesinn, wann et reng iwwert de Statsbudget gaange wier. Mä dat ass e politesche Choix, et ass keng Ursach, fir dëst Gesetz net ze stëmmen, well dat Gesetz hei ass u sech gutt. Dat anert ass eng politesch Diskussioun, wéi mer et finanzéieren. Wichteg ass, datt mer d'Gesetz stëmmen an datt mer soen: Mir finanzéieren déi Strukturen a mir bréngen dat Geld op, wat mer brauchen, fir e gudden qualitative Sécherheitssystem hei zu Lëtzebuerg anzeféieren.

Här President, ech wollt vun eiser Säit nach zwou Motiounen erabréngen. Déi eng, déi ass iwwert den Numm „CGDIS“. Mir fannen als Partei, datt, wa mer nei Etablissementen schafen, da sollte mer och kucken, datt mer direkt e Lëtzeburger Numm fir esou en Etablissement fannen.

Ech ginn lech ee Beispill: Mir hu Maison-relaisen agefuert, well dat eben op Franséisch esou am Gesetz stoung. Wa mer deemools direkt e richtigen Numm gesicht hätten, da géife mer haut wahrscheinlech alleguer e Lëtzeburger Numm duerfir benotzen. Esou huet awer eng Maison...

(**Brouhaha**)

Jo, Dir hutt all kéiers direkt e Problem, wann een hei wëllt Lëtzebuergesch schwätzen.

(**Brouhaha général**)

Et deet mer leed, et deet mer leed. Ass dat dann esou schlëmm, wa mer fir nei Institutiounen, déi mer hei zu Lëtzebuerg grënnen, och versichen, e Lëtzeburger Numm ze kréien? Ass dat...

► **Plusieurs voix.** - Ma neen!

(**Brouhaha**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Majo, firwat reegt Der lech dann op?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Kollegen!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Also mir, Här President, proposéieren hei eng Motioun, datt een de CGDIS am Volleksnumm „Lëtzeburger Rettungsdéngscht“ soll nennen. Wann een en aneren, besseren Numm huet, kënnen mer och domadder liewen, mä mir fannen, wann d'Leit elo alleguer sollen ëmmer vun engem CGDIS schwätzen, da muss een all kéiers de Leit erklären, wat dat ass an esou virun; et sollt een do e lëtzebuergeschen Ausdrock huelen. A mir géife proposéieren, d'Organisatioun CGDIS „Lëtzeburger Rettungsdéngscht“ ze nennen. Da wier et gutt.

An dat Zweet, Här President - och wann dat elo menger lénker Säit hei net gefält -, dat huet och mat der Sprooch ze dinn. Mir sinn der Meenung, datt een, fir an den „CGDIS“ - fir eis an den „Lëtzeburger Rettungsdéngscht“ - schaffen ze kommen, net onbedéngt Lëtzeburger muss sinn. Mir musse kucken, datt mer déi Leit kréien, déi mer brauchen. Mä mir sinn awer der Meenung, datt ee soll derfir suergen, datt all déi Leit, déi doranner schaffe ginn, Lëtzebuergesch schwätzen. Virun allem, wann emol kritesch Fäll a Situatiounen, Noutsitua-



tioune sinn, wou dat liewenswichtig ass, da si mer der Meinung, datt déi Leit misste Lëtzebuergesch schwätzen.

Wa mer elo eng Kéier mussen an dem „Lëtzebuerger Rettungsdéngscht“ Leit astellen, déi net eis Sprooch schwätzen, da kann dat esou sinn. Mä mir sinn der Meinung, datt een do misst en Delai setzen, wou déi Leit eis Sprooch misste léieren, an datt dat eng Konditioun misst sinn, fir kënnen dohinner schaffen ze goen. Well et kann net sinn, datt bei engem Asaz Leit, déi an Nout sinn, konfrontéiert gi mat Leit, déi net eis Sprooch kënnen.

Duerfir deponéiere mir, Här President, zwou Motiounen. Déi eng, fir dem CGDIS e Lëtzebuerger Numm ze ginn, an déi aner, datt mer soen, datt déi Leit, déi do schaffen, misste Lëtzebuergesch kënnen.

An dat gesot, bréngen ech nach eng Kéier d'Zoustëmmung vun eis zu dësem Gesetz. Ech entschëllege mech, Här President, fir déi 38 Sekonnen, déi ech iwwerzunn hunn. Mä dat war hir Schold, geldiert?

(Hilarité)

### Motion 2

D'Deputéiertechamber

stellt fest,

- datt de Gesetzesprojet 6861 bei der Ustellung vun den haaptberuffleche Mataarbechter keng explizitt Referenz op d'Nationalitéit an/oder de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch mécht;

- datt et wichtig ass, d'Lëtzebuerger Sprooch ze fërderen;

- datt et an enger Noutsituatioun liewenswichtig ka sinn, sech a senger Mammesprooch kënnen auszedrécken,

fuerdert d'Regierung dohier op,

- e legale Kader ze schafen, dee virgesäit, datt all Persoun, déi haaptberufflech beim „Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS)“ ugestallt gëtt, d'Lëtzebuerger Sprooch beherrscht oder sech verpflichtet, an engem definéierten Zäitraum d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren.

(s.) Gast Gibéryen.

### Motion 3

D'Deputéiertechamber

ass sech bewusst,

- datt de Gesetzesprojet 6861 d'Schafe vun engem „Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS)“ virgesäit;

- datt et wichtig ass, d'Lëtzebuerger Sprooch ze fërderen;

- datt een d'Lëtzebuerger Sprooch doduerch fërdere kann, datt ee Lëtzebuerger Begrëffer benotzt, fir ëffentlech Verwaltungen ze benennen,

fuerdert d'Regierung dohier op,

- de Begrëff „Lëtzebuerger Rettungsdéngscht“ als offiziellen Numm fir de „Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS)“ ze benotzen;

- als logesch Konsequenz dovunner Gefierer an Dokumenter vum „Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS)“ mam Begrëff „Lëtzebuerger Rettungsdéngscht“ ze beschrëften an dee Begrëff och als Numm op Gebaier, bei der Korrespondenz, op Fändelen an Uniformen ze gebrauchen, grad wéi seng Ofkierzung (säin Akronym) „LR“;

- an engem Reglement a bei eventuellen Amendementer vum Gesetz dëse Sproochgebrauch legal ze verankeren.

(s.) Gast Gibéryen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ech wollt just vläicht präziséieren: Ech hunn d'Raunen duerch d'Reien esou interpretéiert, dass d'Kollege gemengt hunn, dass Dir vläicht eng konkret Proposition fir d'Maison relais op Lëtzebuergesch gehat hätt.

(Brouhaha)

Wann, da kënt Der dat och nach no der Sëtzung erareechen.

(Interruption)

Voilà! Dat gesot, huet d'Wuert direkt den Här Marc Baum.

(Interruptions)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dir wäert dach elo net soen, et géif een duerfir kee Wuert fanne?

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Baum, fuert duer!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Här President, et ass eigentlech erstaunlech, datt mer, ausser elo vläicht bei der Fro, wéi dat Kand da soll genannt ginn, eis hei eens sinn iwwer zwou Saachen. Dat eent, dat ass, datt et ee ganz wichtegt Gesetz ass, e Gesetz, wat eng wesentlech Annerung am lëtzebuergesche Rettungswiesen aféiert, an op där anerer Säit, datt et net

nëmme wichtig ass, mä datt et vu senger Ausrichtung, vu senger Philosophie hier och e gutt Gesetz ass.

Jiddweree vun eis heibannen huet direkt oder indirekt op déi eng oder aner Manéier schonn Usproch geholl, oder huet missen huelen, op d'Rettungsdéngschter. Wann dat geschitt ass, da war ee selwer, oder och wann een dat fir en anere gemaach huet, natierlech ëmmer an eng ganz penibeler Situatioun. An duerfir ass och jiddwereen esou interesséiert drun, datt eis Rettungsdéngschter optimal fonctionnéieren.

A wann een dann awer mat Leit um Terrain geschwat huet an der leschter Zäit, dann huet ee festgestallt, datt d'Situatioun am Fong kritesch ass, an datt duerfir dës Reform, déi mer elo hei hoffentlech unanime unhuelen, net nëmme néideg, mä dréngend noutwendeg ass. Ganz dacks huet een héieren: Mir sinn an der aktueller Situatioun vir bai an hanne widder. Vir bai an hanne widder, well sech an deene leschte Jorzéngte viles geännert huet. Et si manner Benevollen, déi do sinn, déi awer duerfir op méi Asätz musse goen. Asätz, déi méi komplex ginn an déi och méi eng héich Formation erfuere, wat erëm bedeit, datt natierlech d'Attraktivitéit vum Benevolat, oder d'Méiglechkeet, fir dat a senger Fräizäit ze maachen, net méi onbedéngt ëmmer ginn ass.

Zu Esch war et esou - ech hunn elo nach de Mëtten nogefrot -, datt mer viru ronn zwanzeg Joer eng 60 aktiv fräiwëlleg Pompjeeën haten. Am Moment sinn et der nach e bësse méi wéi 30. An déi 60, déi haten de Virdeel, datt e groussen Deel vun hinne op der ARBED geschafft huet. Dat heescht, si hunn a Schichte geschafft, si waren also méi disponibel, si waren deemno wéi och dagsiwwer disponibel. A verschide Gemengen sinn an deene leschte Jore schonn op de Wee gaangen - weinst der Penurie, déi wierklech ginn ass bei de fräiwëllege Pompjeeën -, fir eege Servicer ze kreéieren oder eege Solutiounen ze entwéckelen, fir mat där dote Situatioun eens ze ginn.

Dat heescht also, d'Diskussioun ronderëm d'Rettungsdéngschter, d'Reform vun de Rettungsdéngschter ass eigentlech scho Jorzéngten al. Och Innenministere virum Här Kersch ware sech där Noutwendegkeet bewusst, mä hu sech awer ganz dacks d'Zänn un där Reform ausgebass, soudatt een den Androck hat, datt et net richtig virugaangen ass. An duerfir fanne ech et perséinlech net ganz richtig, wann hei an der Debatt elo gesot gouf, datt dat Gesetz, wat den Här Kersch deposéiert huet, esou laang op sech waarde gelooss huet. Oder zumindest ass déi Kritik awer iwwerzunn.

Eng Schwierigkeet besteet doranner, datt mer bis elo verschide Kompetenzberäicher haten. Mir hate verschidden Organisatiounsstrukturen. D'fräiwëlleg Pompjeeën op där enger Säit waren de Gemengen ënnerstallt, an d'Protection civile op där anerer Säit war staatlech organiséiert. An als drëtt Element dovunner hate mer dann nach de SAMU, also déi medezinesch Nouthëllef, déi éischter un eenzel Spideeler raccordéiert war.

Dat heescht, mir hate verschide Kompetenzberäicher, verschide Responsabilitéitsberäicher, déi um Terrain meeschens duerch den „good will“ vun deene Leit, déi do geschafft hunn, konnte geleist ginn, mä déi awer u sech ëmmer eng problematesch Situatioun duergestallt hunn. An dëst Gesetz setzt endlich e klore Kader duerfir a regelt d'Responsabilitéiten. A virun allem bitt et an eisen Ae Perspektive fir d'Rettungswiesen an deenen nächste Jore. Perspektiven, wéi sech dat Rettungswiese weiterentwéckelen a professionaliséieren kann. A professionaliséieren heescht net - an dat hunn och schonn eng ganz Rëtsch vu Menge Virriedner gesot -, op déi Fräiwëlleg ze verzichten, am Géigendeel. Mä et bedeit, eng professionell Organisatiounsstruktur op d'Been ze stellen, e professionelle Kader, an deem déi Leit hir Aarbecht leeschte kënnen, eng méi kloer Chaîne de commandement.

An och mat dëser Reform bleiwen déi Fräiwëlleg d'Wierbelsail vum Rettungsdéngscht. Si ginn awer ergänzt duerch Leit, déi dat haaptberufflech maachen, déi doduerch net onbedéngt besser sinn, mä déi derfir bezuelt ginn, datt se disponibel sinn. An et gëtt massiv an d'Formation investéiert.

Mir brauchen déi Haaptberufflech, fir ebe grad dee Kader kënnen ze maachen, datt déi Fräiwëlleg entlaascht gi vu verschiddenen Tächen. A mer brauche virun allem Ureizer fir Benevoller. Och déi gi geschafft mat dësem Gesetz. De Congé spécial gëtt agefouert, wou ee sécher driwwer diskutéiere kann - wéi den Här Traversini dat virdu gesot huet -, ob deen héich genuch ass, ob deen net nach eventuell muss erweidert ginn, adaptéiert ginn. Mä e gëtt zumindest emol agefouert. D'Formation gëtt systematiséiert. Et gi kloer a vereenheetlecht Indemnitéiten. Dat Konkurrenzdenken, dat säit Jorzéngten eventuell tëscht der Protex an de Pompjeeën bestanen huet, soll endlech

iwwerwonnen ginn, an et soll een eenheetleche Kader geschaaft ginn.

Besounes fir déi Fräiwëlleg ass dat wichtig an enger Gesellschaft wéi eiser, wou si nieft hirer Aarbecht, also an hirer Fräizäit, en enormen Déngscht un der Éffentlechkeet leeschten. En Déngscht, deen net nëmme ustrengend ass, mä dee si ganz dacks konfrontéiert mat ganz quokelege Situatiounen, mat Situatiounen vu Liewen an Doud. A wann een eng Kéier erzielt krut, wéi dat ass, wann een ee Liewen net méi rette konnt, mä een huet missen erausschneiden aus engem Auto, oder een doudegt Kand huet missen aus enger verbrannter Wunneng eraushuelen, da weess een, datt déi Leit Biller gesinn hunn, déi si wahrscheinlech hiert ganz Liewe prägen wäerten an déi se op jidde Fall net esou séier vergiesse wäerten.

Mä grad duerfir brauche mer e professionellen Encadrement vun de Leit, déi am Rettungswiesen aktiv sinn. Well déi Fräiwëlleg baséieren op engem ganz fundamentale Prinzip, deen eis ganz wichtig ass, nämlech dem Prinzip vun der Solidaritéit, der Solidaritéit tëschent de Leit, déi an enger Gemeng wunnen a wou Verschidener, Benevollen eben, bereet sinn, déi doten Tächen ze iwwerhuelen an domat hir Leeschtung dem Gemeinwesen unzibidden.

Et kann een elo bei dësem Gesetz natierlech, wéi bei all Gesetz, d'Hoer an der Zopp sichen. Et kann een driwwer diskutéieren - an dat ass jo e bësse geschitt -, ob déi finanziell Opdeelung vun de Chargen tëschent de Gemengen an dem Stat wierklech ideal ass. Et kéint een och driwwer diskutéieren, ob déi genee Modalitéite vun der Reprise vun de Gebaier a vun dem Material vum CGDIS déi optimal Soluatioun sinn. Mä mir mengen, datt an dësem Fall eng pragmatesch Demarche gesicht ginn ass.

Et sinn am Virfeld vill Diskussiounen a während deem Prozess ganz vill Diskussiounen gefouert gi mat all deene betraffenen Akteuren. An dës Reform huet de Verdéngscht, och wa se net all Problemer wäert léisen, datt se awer d'Grundlag bitt, op deenen an Zukunft d'Problemer kënnen geleist ginn, an dat ass wierklech e Fortschritt. A mir als Lénk ënnerstëtzen dat hei honnertprozenteg.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. D'Wuert huet elo déi lescht Riednerin, d'Madamm Lydie Polfer.

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Här President, léif Kollegen a Kolleginnen, Här Minister, et gëtt oft gesot: „Et ass en historesche Moment, et ass eng historesch Reform.“ Eh ben, ech mengen, haut kënnen mer dat wierklech soen. An et steet onsem Land an dësem Haus gutt zu Gesiicht, datt mer dës déif gräifend Reform vun eise Rettungsdéngschter wäerten, esou hunn ech dat op alle Fall gemengt ze verstoen, à l'unanimité unhuelen. An dat weist, datt mer heibannen alleguerte wëssen, wou de Schong gedréckt huet, an dofir eben dee Schrëtt hei maachen.

Datt et keen einfache war - ech kommen nach drop zrëck -, dat wësse mer. Mä haut ass et sou wäit an zesumme wëlle mer dee maachen. An ech muss lech soen, ech stinn haut de Mëtten hei, ech hunn zwee Aen, an dat eent, dat kräisch, an dat anert, dat laacht. Dat wat kräisch, dat denkt drun, datt mer hei elo e Corps am Fong iwwerdroen, aus der Hand ginn. Ee Corps, dee wierklech zu deene beschte gehéiert huet, déi d'Gemeng Lëtzebuerg hat. 200 Leit, déi sech, an et ass vu villen heibannen ënnerstrach ginn, wierklech dagan, dagauss agesat hu fir hir Matbieger, net nëmme fir d'Stater Leit, mä fir d'ganz Land. An dat hutt Der zu vill ënnerstrach an dat ass och richtig. An ech soen lech an hirem Numm dofir Merci.

An ech soen dofir och hirem Kommandant, dem Erny Kirsch, an all senge Leit, stellvertriedend fir all déi aner, e grouse Merci am Numm vun der Stad Lëtzebuerg fir dat, wat Dir geleescht hutt, a fir dat, fir wat Der lech higinn hutt. Well wann d'Beruffspompjeeën eben als Beispill geholl ginn, wéi mer eis sollen um Landesplang organiséieren, dann ass et op deen Asaz an déi gutt Formation zrëckzeféieren an et ass duerch si. An dofir kann dann och mäin zweet A laachen, well ech iwwerzeegt sinn, a besounes eben hei och a menger Qualitéit als Deputéiert, datt dat hei e Gesetz ass, eng Reform, déi fir dëst Land wichtig ass an déi fir d'Bierger vun dësem Land wichtig ass.

Et waren, wéi gesot, laang Diskussiounen, mä se sinn effektiv ganz kollegial geféiert ginn, an ech soen dofir dem Minister a senger ganzer Equip, dem Rapporteur an dem President vun der Kommissioun Merci. Mir hu keng Méi gescheit, fir ons wierklech an déi Situatioun eranzeknéien a fir ze versichen, déi beschtméiglech Léisungen ze fannen. A vu datt d'Perfektion net vun dëser Welt ass, wäerte mer och am Laf vun de Joren nach kucken, wou een an deem engen oder deem aneren nach ka feilen a wéi

et vläicht souguer nach ka besser gemaach ginn.

Mä wéi gesot, ech si sécher, datt dat hei d'Basis ass vun enger vill besserer Situatioun fir déi kommend Jore fir d'Bierger vun dësem Land. An ech gesinn och guer keng, guer keng Antinomie tëschent Beruffspompjeeën, déi nun eemol eleng d'Stad Lëtzebuerg hat, an eben deene Fräiwëllegen, well, an dat hunn ech jo mat eegenen Ae gesinn, et jo ganz oft och d'Beruffspompjeeën waren, déi an hirem Quartier, an hirem Duerf, an hirem Stad déi waren, déi sech ebe mat deenen aneren, mat deene Fräiwëllegen agesat hunn, fir fir hir Matbieger do ze sinn, wann dann Nout um Mann war.

Den Här Laurent Zeimet war deen éischten, deen hei no dem Rapporteur op d'Tribün gaangen ass, an ech war bal mat allem d'accord, wat e gesot huet, sauf mat eppes, an dorop muss ech och äntwerten, well ech dat einfach net esou ka stoe loosse.

Et ass do geschwat gi vun „Extrawurscht“ fir d'Stad Lëtzebuerg. Also wann et eng Extrawurscht vun der Stad Lëtzebuerg ginn ass, dann ass et déi, datt d'Stad Lëtzebuerg als eenzeg Stad, als eenzeg Gemeng dat ebe während Jorzéngten eleng gedroen huet, an net nëmme fir sech, mä fir all, fir wierklech all d'Gemenge mat. An net fir datt mer dofir op d'Schëller geklappt kréien, mä ganz einfach well mer gemengt hunn, dat wier eis Responsabilitéit a mer misste mathëllefen, wa Leit an dësem Land iergendwéi Leed hätten. An Dir selwer hutt drop higewisen, dat war Är Aleedung. Dofir kann ech dat net unhuelen.

Wann Der awer wollt soen, datt mat Extrawurscht Folgendes gemengt war, an dat huelen ech da gären hin, mä dat ass keng Extrawurscht: Jo, ech hu mech agesat - an ech soen et hei och ganz gären op der Chambertribün -, datt dës Reform fir d'Beruffspompjeeën vun der Stad Lëtzebuerg net kann zu hiren Ongonschten ausgoen, weder an der Pai nach wat hire Congé ubelaangt. Jo, dofir hunn ech mech agesat. An ech hoffen an ech mengen, dat war nëmme richtig. Do kann een net vun Extrawurscht schwätzen, wann een ebe just vun dem Engagement vun deene Leit ausgeet, fir ze soen: Jo, esou wëlle mer et am ganze Land hunn.

Wann da mat Extrawurscht vläicht geduecht war... Ech sinn nach net fäerdeg. Wann da mat Extrawurscht vläicht geduecht war, datt, jo, d'Stad Lëtzebuerg gefrot huet, fir während deenen nächste fënnf Joer awer och kënnen e Wuert matzeschwätzen, wien dann aus deem Corps, deen eben dee professionelle Corps ass, géif soss enzwousch agesat ginn, dann ass och dat eist eegenst Responsabilitéit.

Well wann ee weess, datt méi wéi 80% vun de Leit, déi bei de Beruffspompjeeën vun der Stad Lëtzebuerg schaffen, net an der Stad wunnen, da weess een, datt, wann elo en nationale Corps geschafe gëtt, et dann natierlech ganz gutt méiglech ass, datt déi eng oder déi aner dann ebe vläicht nach vill éischter gäre méi no do schaffen, wou se wunnen, wat vum mënschleche Standpunkt och ganz gutt ze verstoen ass. Mä mir hunn nun eemol awer d'Responsabilitéit an et ass d'Responsabilitéit souwuel vum Buergermeeschter wéi vun engem Deputéierten, vun engem Minjster a vun engem Direkter vun deem neien Établissement public, datt mer dofir suergen, datt dat alles awer a geuerdnete Bunne geet an eben an enger Zäitschinn, déi mer eben am Gesetz festgehalten hunn.

Ech wollt dat just kloer soen, fir eben drop hinczewiesen - an ech mengen, heibannen ass och jiddwereen d'accord -, wa mer op eemol ebe weiderkomm sinn, dann ass dat, well mer zesumme konnten op enger grousser Vertrauensbasis schaffen, déi eng mat deenen aneren. Well wann déi Vertrauensbasis net do gewiescht wier a wann déi Vertrauensbasis och net esou grouss gewiescht wier... (veuillez lire: dann hätt dat hei net geklappt).

A firwat war se grouss? An dofir erkennen ech dat och ganz héich un, datt d'Opposition dat hei matstëmmt, well jiddweree sech bewusst war, datt am Land mussen Annerunge kommen, datt kee verantwortleche Politiker, sief et Gemengepolitiker oder Nationalpolitiker, déi Situatioun, déi mer kannt hunn an déi hei vu genuch Leit beschriwwen ginn ass - ech brauch net méi drop anzegoen -, méi ka wierklech verantwortlech matdroen.

Dofir, mir hunn eng grouss Verantwortung alleguerten. Mir hu se a mir hu se zesummen och gedroen. Ech wëll dofir déi Klammer an zoumaachen, mä ech hunn dat do awer misse richtstellen.

Ech kann nëmme soen: Déi Aarbecht, déi elo hei ofgeschloss gëtt de Mëtten, déi huet mech



einfach un eng Citatioun denke gelooss, déi de Mark Twain gemaach huet. A wat huet e gesot: «Ils ne savaient pas que c'était impossible, alors ils l'ont fait.»

Eh ben, ech mengen, mir sinn e bëssen an där Situatioun. Mir woussten net, datt et on-méiglech war, an dunnn hu mer et awer gemaacht. Jo, mir hunn et elo gemaach. An ech wënschen deem neie CGDIS, dem Lëtzeburger Rettungsdéngscht, där neier Pompjeeskasär, déi mer zesumme wäerten an e puer Joer aweien, dat Allerbescht. Ech wënschen der Direktioun eng gutt, eng glécklech Hand. Eng gutt Qualifikatioun, eng gutt Formatioun ass déi beschte Viraussetzung an d'Vertrauen dobäi, da kann am Fong näischt schifgoen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Den Här Laurent Zeimet wëllt eng Präzioun maachen.

► **M. Laurent Zeimet** (CSV). - Merci, Här President. D'Madamm Polfer huet gemengt, se misst richtegstellen. Ech mengen, et war awer net vill richtegstellen. Ech kann dat deelen, wat si elo hei exposéiert huet.

Ech wëll just drop hiweisen, dat Wuert „Extrawurscht“ ass gefall, mä et ass ganz am Ufank gefall zum initiale Projet an zur Sonderregelung, déi am initiale Projet virgesi war fir d'Stad Lëtzebuerg. Ech kann awer verstoen, datt, wann „Extrawurscht“ a „Stad Lëtzebuerg“ an engem Saz falen, een dann opmierksam gëtt. Mä alles, wat Der duerno gesot hutt, huet sech net op dat Wuert „Extrawurscht“ bezunn.

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci gesot. A selbstverständlech schlësse mer eis och deene Mercien un d'Beruffspompjeeën un. Mä ech mengen, d'Kollege géifen dat och erweideren an dat weiderginn un d'Chef-de-corpsen, déi, déi hei sinn an déi net hei sinn, vun de fräiwëllege Corpsen an un all hir Leit.

Als Nächsten huet den Här Minister d'Wuert, den Här Dan Kersch.

## Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur.* - Merci, Här President. Dës Chamber huet haut eng eemoleg Geleeënheet, Dausende vu Fräiwëllege mat engem eendeitege Message Merci ze soe fir dat, wat si fir eist Land Dag fir Dag, 365 Deeg op 365, 24 Stonnen op 24 Stonne leeschten. An ech mengen, mir hunn dat fäerdegbruecht mat engem méi wäit wüdevollen Debat iwwert dës Projet de loi.

Déi Fräiwëlleg waren zënter jeehier d'Réckgrat vun de Lëtzeburger Rettungsdéngschter. Si sinn et haut a si wäerten et ëmsou méi och muer sinn. Ech wëll mengersäits alle Bedeelegte Merci soen, déi dës Projet méiglech gemaach hunn. Virun der Dier vun der Chamber konnt Der gesinn, wéi Der erakomm sidd, do hu mer e bësse verdäitlecht, wat mer hei haut alles zesummeféieren: déi fräiwëlleg Pompjeeën am Land mat ronn 7.600 Memberen, dovun bal 5.000 Leit, déi kënnen an den Asaz goen, an iwwer 130 Corpsen zesummegefaasst, ronn 2.000 Fräiwëlleger vun der Protection civile, ronn 200 Beruffspompjeeën vun der Stad Lëtzebuerg, bal 60 haaptamtlech Pompjeeën vum Flughafen, iwwer 50 professionell Mataarbechter an de Gemengen, ronn 260 Haaptamtlecher vun der ASS souwéi d'SAMU mat hiren héich qualifizéierte Besatzungen.

Hei entsteet eppes Grousses. Hei wüsst zesummen, wat zesummegehéiert, an dat iwwer eng Reform, déi fir dëst Land méi wéi blutnoutwendeg ass. Dës Reform vun de Rettungsdéngschter ass keng Reform ewéi déi aner. Et ass eng klassesch Reform vun ënnen no uewen. Si ass net vu Politiker erfonnt ginn, mä si ass gefrot, jo gefuerdert gi vun den Akteure vum Terrain, an dat zënter 2006 mat zounemender Vehemenz. Duerfir ass dës Reform eng Reform vun de Fräiwëllege fir déi Fräiwëlleg.

Et kéint een et och anescht erschrécken: Et ass de Minimum, deen d'Politik invitéiert ass wann ech gelift ze leeschten, fir den Aktiven um Terrain déi Instrumenter ze ginn, déi se brauchen, fir hir schwéier an immens wäertvoll Aufgab am Déngscht vum Bierger kënnen ze leeschten.

D'Zilrichtung ass evident. Mir stellen de Fräiwëllegendéngscht nei op, ginn him e professionellen Encadrement an do, wou et mam Volontariat net méi duergeet, ergänze mer mat haaptamtliche Kräfte.

An och wann d'Chamber eenzeg an eleng de Privileeg huet, doriwwer ze bestëmmen, wat haut hei soll decidéiert ginn, esou ginn dach déi Inhalter, déi haut hei zur Diskussioun stinn,

op de fachmännischen Input vun Honnerte vu fräiwëllegen an haaptamtliche Mataarbechter vun de Rettungsdéngschter zréck.

Ech wëll och der Chamberskommissioun en ausdréckleche Merci soe fir déi konstruktiv Diskussiounen, déi mer haten, an dem Rapporteur fir säin ausféierlechen an exzellente Rapport.

Dës Projet - an ech hat et gesot - ass kee Projet wéi all déi aner. En ass aussergewöhnlech an all senger Facetten. En ass aussergewöhnlech weinst senger participativer Entstehungsgeschicht. En ass aussergewöhnlech weinst senger Wäitsicht a Bedeitung, senger juristescher Form vu Kooperatioun tëschent dem Secteur étatique an dem Secteur communal, sengem Zesummespill vu Fräiwëllegen an Haaptberufflechen, sengem Zesummeféieren ënner een Daach vun den entscheidenden Akteure vun de Lëtzeburger Hëllefsdéngschter.

Et war gewëss net einfach, allegueren d'Akteuren un een Dësch ze kréien. Freier Reformusatz sinn, mengen ech, och genau doru gescheitert. Zwar war ee sech queesch duerch d'Reien eens, dass d'Reform misst kommen, souguer dass se séier misst kommen. Mä soubal et méi konkret ginn ass, huet een d'Divergenzen ze spiere kritt: d'Divergenzen tëschent de Pompjeeën an der Protection civile, tëschent de Fräiwëllegen an den Haaptberufflechen, tëschent Stat a Gemengen, fir emol nëmmen dës ze nennen.

Schlussendlech ass et awer gelongen, fir dat, wat trennt, ze vergiessen an dat, wat eis zesummebréngt, an de Vierdergrond ze stellen. Dat huet vill Iwwerzeegungsaarbecht kascht, vill perséinlech Gespréicher, vill Vermëttlungsdéngschter an ëmsou méi zefriddestellend ass et dann, wann dat Ganzt vu Succès gekréint ass.

Et ass schéin, ze gesinn, dass dëst Land, wann et drëms geet, och erëm kann zesummenhalen an zesummen no vir goen. Och hei hunn déi Fräiwëlleg esou wéi anerer e wäite Wee misse goen, vill Kompromisser maachen, villes, wat laang gewuess ass a wat hinne leif a wichteg ginn ass, missen opginn. Si hunn et gemaach weinst der Saach. Den Erfolleg gëtt hinnen haut recht. A vläicht, an ouni dass se sech dat esou richtig bewosst waren, hu se mat hirer pragmatescher Approche domadder d'Politik ënner Handlungs- an Erfolgsdruck gesat.

Déi Fräiwëlleg hunn de Wee gewisen an déi aner Akteuren hu sech deem ugeschloss. Kompromissfäegkeet op alle Säiten. Dat aktivt Matschaffen, dat gemeinsam Ausschaffe vu Léisungsvirschléi, dat direkt Aagoen op Warnungen vun der Basis mat all den Ängschten a Kriticken huet villes méiglech gemaach, wat virdru mam Prädiikat „néideg an noutwendeg, awer politesch net machbar“ beluecht war. D'Madamm Polfer huet dat, mengen ech, an engem flotten Zitat nach eng kéier däitlech gemaach.

Ech si wierklech frou, dass, och wa mer eis net an allen Detailer eens sinn, all Fraktiounen hir Zoustëmmung zu dësem Projet ginn. Dat ass genau dat Zeechen, wat déi Aktiv vun de Rettungsdéngschter vun eis erwaarden. An hirem Numm soen ech Iech Merci, dass mer haut an dësem héijen Haus genau dat maachen. Et ass bestëmmt och eng ganz besonnesch Form vun Unerkennung fir den onermiddlechen Asaz vun de Fräiwëllegen, déi nieft engem méi wäit tatkräftege Support bei der Ausaarbechtung vum Gesetz hir dagdeeglech Pflicht ni vergiess hunn, och wann d'Ongedold ëmmer méi ze spiere war, dass endlech soll déi nei Struktur kommen.

Erlaabt mer, an deem Kontext de President vun der Pompjeesfederatioun, den Här Marc Mamer, deen och hei op der Tribün sëtzt, sënngemeiss ze zitieren, dee gemengt hat, och wann d'Prozedur méi laang géifen daueren, wéi mer eis dat vläicht erhofft hätten, géif d'Zäit net ongenotzt versträiche gelooss ginn! Abee, en hat genau recht. Op ville Plaze gouf Grousses gelescht a mir hu vill, heiansdo souguer vläicht e bëssen ze vill vun eise Leit verlaangt, sief et ob se fräiwëlleg oder haaptamtlech an eise Servicer beschäftigt sinn.

Am Kader vum Opbau vun der neier Kommandostruktur, vun där och virdru schonn hei rieds gong, gouf deen neie RENITA-Funksystem an de Gebrauch geholl. Wat hei an engem Saz gesot gëtt, huet um Terrain, do wou der Kaz d'Schell ugedoe gëtt, do wou d'Musek spillt, vill technesch Eerausforderungen an Emstellung mat sech bruecht. Et ass virbildlech, wéi professionell dës Paradigmewiessel emgesat ginn ass. En neien Einsatzleitsystem, ELS genannt, gouf agefouert, deen neien 112 also, mat méi adaptéierten Alarmierungssystemer fir d'Equippen um Terrain.

Nei Formatiounen goufen ausgeschafft an ugebueden. A mir sinn do Affen vun eise eegenen Erfolleg ginn, well mer praktesch iwwerrannt gi si mat Demanden, fir un dës Coursé kënnen deelzehuelen. Och dat weist, mat wéi enger Begeescherung d'Leit nach derbäi sinn.

D'Finanzierungsgesetz vum CNIS, och eng „never-ending story“, gouf 2015 gestëmmt.

An an der Tëschenzäit wüsst d'Häerzstéck vum zukünftigen CGDIS all Dag weider an den Himmel um Rond-point Glück. Hei entsteet ee vun de modernsten Asaz- a Formatiounszentren fir d'Rettungsdéngschter an Europa. Et brauch een net ze erklären, dass nei Material, adequat Infrastrukturen, gutt Aarbechtsgezi an esou weider immens wichteg sinn, mä dass eng zolidd Ausbildung, déi um leschte Stand vu wëssenschaftlechen Erkenntnisser ass, och muss Standard an eise Rettungsdéngschter ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur.* - Duerfir mengen ech, ass mam Schafe vum INFS, dem Institut national de formation des secours, eng ideal Viraussetzung gesat ginn, fir eis exzellent opzestellen. Den INFS mat all senger Méiglechkeete gëtt den Dréi- an Aangelpunkt vun der Ausbildung. Mir mussen et awer och fäerdegbréngen, bis an dee klengsten Center, CIS, Centre d'incendie et de secours, vernetzt ze sinn. Dat geet nëmmen, wa mir och an Zukunft op déi vill Instruktore souwéi déi vill Jugendmoniteurs kënnen zréckgräfen.

D'Moderniséierung an d'Neiopstelle vun der Administration des services de secours, kuerz ASS genannt, war e weidere prioritäre Chantier. Wéi ech Enn 2013 an der Regierung ugetratt sinn, war dëst eng Verwaltung mat 94 Mataarbechter. An der Tëschenzäit sinn et der iwwer 250. Eleng den Undeel u professionellen haaptamtlechen Ambulancierern ass vun 38 op 142 eropgaangen. An et sinn der nach eng ganz Rei a Formatioun, wéi et virdrun hei gesot ginn ass.

Mä och am Beräich vun der Logistik, der Informatik, dem 112, der Medezinn, der technescher Verwaltung, der Formatioun, der Betreuung vun de Benevollen, de Ressource-humainen hu mer eis nei opgestallt. Et ass eis gelongen, héich qualifizéiert in- an auslännesch Experten ze rekrutieren, déi fir eis Verwaltung e Quantesprong no vir bedeiten. Elo si mer virbereet, fir ab dem 1. Juli 2018, wa ronn 200 Beruffspompjeeën vum Stad Lëtzebuerg, ronn 55 Fluchhafepompjeeën a 60 Gemengenaarbechter bäikommen, mat bal 600 Mataarbechter eng vun deene ganz grouse Verwaltungen vum Land kënnen ze sinn an och esou ze bestoen.

De Fait, dass mer aus der ASS eng modern Verwaltung gemaach hunn, den Tempo an d'Envergere, mat där mir virugaange sinn, huet menger Meinung no och den Decid bei de Beruffspompjeeën aus der Stad Lëtzebuerg mat sech bruecht, souwuel bei deenen technesch wéi och bei deene politesch Verantwortlechen, fir wëlle vun Ufank un an der neier Struktur vum CGDIS derbäi ze sinn. An d'Madamm Polfer huet dat virdrun nach eng kéier ënnerstrach.

Dës Decisioun war e weideren, en entscheidende psychologesche Schub fir dee ganze Projet. Spéitstens elo hat jiddwereen am Land verstanen, dass de CGDIS géif Realitéit ginn.

Erlaabt mer an deem Kontext, och nach eise Statschef, dem Grand-Duc Henri, Merci ze soen, deen, ouni ze zécken, direkt säin Averständnis ginn huet, deem unifiéierte Corps vun de Rettungsdéngschter den Titel „grand-ducal“ zouzestoen! Och dat war e wichteg Zeechen, dat allgemeng mat Freed an Eiergefill opgehall gouf.

Här President, ech hat gesot: Dës Projet huet och iwwerzeegt duerch seng participativ Approche. Nach éier déi éischt Zeil geschriwwen war, huet nieft de sëllege Consultatiounen e groussen Hearing stattfonnt, wou d'Eckpunkter vun der Reform diskutéiert an definéiert goufen. No der Fäerdegstellung vum Text hat ech net manner wéi zwielef bilateral Reunionen, fir den Text ze diskutieren: mat der ASS, der Exekutiv vun de Pompjeeën, dem Comité des sages vun der Protection civile, dem ganzen Zentralvirstand vun de Pompjeeën, dem Inspektorat, de Beruffspompjeeën, den Agent-professionellen - also eise professionellen Ambulancierern -, de Fluchhafepompjeeën, de SAMU-Akteuren, dem Syvicol, der FGFC an der Stad Lëtzebuerg.

Véier Regionalkonferenze mat alle Fräiwëllege vu Pompjeeën a Protex goufen organiséert: Et zu Walfer, Wasserbëlleg, Maarnech an Esch. Bal 1.000 Leit hunn dorun deelgeholl. D'Reform war d'Thema um Buergermeeschterdag zu Mondorf. An do goufen d'Gemengen och am Detail informéiert.

Eréischt no all deene Consultatiounen an deene sech doraus erausgeschielten Annerungen gouf den Text am August 2015 deponéiert. Mä och duerno gong d'Consultatioun weider. Esou waren net manner wéi véier Colloques des cadres - zu Dummeldeng, um Kierchbiereg, zu Munneref an zu Woltz - mat jeeweils 200 Participanten. Am stännege Kontakt ware mer mat der Stad Lëtzebuerg, der FGFC an deenen anere Gewerkschaften, der Pompjeesfederatioun an dem Comité des sages. Iwwer 50 Reunionen ware mat deene verschiddene Schaffereit, déi sech brennend - am richtige Sënn

vum Wuert - fir de Projet an d'Repercussiounen op d'Gemengepolitik interesséiert hunn.

Dobäi kommen iwwer 40 Meetinge mat Ministèren a Verwaltungen: Santé, MDDI, MAE Kooperatioun, Fonction publique, de MEN, d'Sécurité intérieure, CNS, FHL, IGSS, IGF, CTIE, APE, Police, Arméi, Steierverwaltung, et j'en passe. An och nom Vott vum Gesetz wäerte mer mat dëse Concertatiounen weiderfueren. An haaptsächlech geet et drëms, fir d'Basis am Boot ze behalen. Dofir sinn elo scho sechs Regionalkonferenzen ageruff, op déi all Fräiwëlleg invitéiert wäerte ginn. Ausserdeem wäerte mer mat der Serie vun de Colloques des cadres weiderfueren.

D'Ziler vun dëser Reform si kloer definéiert: Et geet drëms, eist Land op déi kommend Eerausforderungen virzubereeden! Déi sozioekonomesch Entwécklung vun eise Land ass rasant. Dat mag deenen enge gefalen, deenen aneren net esou. D'Rettungsdéngschter huet dat net ze interessieren. Si musse sech op déi Eerausforderungen astellen, déi dat Ganzt mat sech bréngt, a sech och deementspriedend virbereeden.

Et ass meng Flicht als Innenminister, derfir ze suergen, dass mir esou gutt wéi méiglech op alles, wat ka kommen, virbereet sinn, mä ech soen och: Net alles kënnen mer leeschten! Eis Ressourcé si begrenzt. Dofir setze mir och, wéi och aner méi grouss Länner, op d'Kooperatioun mat eisen Nopeschlänner. Och an deem Beräich ass mat bilateralen Accorden an deene leschte Méint a Jore vill geschitt.

Lëtzebuerg ass och elo besser opgestallt, fir am europäesche Kontext seng Hëllef unzebidden, wa se gebraucht gëtt. Den zoustännegen EU-Kommissär huet eis nach kierzlech felicitéiert fir eisen extraordinäre Beitrag, dee mer am Kader vun internationale Katastrophe mam emergency.lu-System leeschten. Dat ass Nation Branding pur!

Mä mir sinn net blauäueg. Mat dem Vott vun dësem Gesetz sinn net all d'Problemer vun de Lëtzeburger Rettungsdéngschter wéi mat engem Zauberstab behuewen, mä mat dësem Gesetz leeë mer d'Basis, fir déi Problemer an Zukunft besser kënnen unzegoen, fir eng Chance ze hunn, dat ze leeschten, wat de Bierger dierf vun eis erwaarden.

Mir wäerte mat dësem Projet eng nei Kultur vum Lëtzeburger Sécherheets- a Rettungswiese kreieren. De CGDIS gëtt zu enger Plattform, wou Stat a Gemengen zesummen d'Prioritéite vun der Sécurité civile zu Lëtzebuerg definieren. Mam PNOS, dem Plan national d'organisation des secours, fir deen den Innenminister d'Verantwortung huet, krée mir fir d'Éischt e Plang, dee kloer Strukturen fir d'Rettungswiese virgëtt.

Ech si frou, dass mir mat dësem Projet och de SAMU, eng gutt fonctionnéierend héich spezialiséiert Rettungsunitéit, méi fest an déi ganz Struktur vun den Hëllefsdéngschter kënnen integrieren. Gewuesse Strukturen wäerte mir dobäi an hirem Wiesen net untaaschten, wat eis net wäert drun hënneren, Verbesserung virzehuelen, wa se dann néideg sinn.

An ech si frou iwwert d'Virschléi, déi den Här Hahn hei gemaach huet, wat d'Verbesserungen vum SAMU ugeet. A soubal ech dann och d'voll Verantwortung fir de SAMU wäert hunn, wäert ech mech och doru ginn. Ech si frou, an him e Matkämpfer fonnt ze hunn, deen de Finanzminister wäert iwwerzeegen, méi Moyenen an de SAMU ze investieren.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Max Hahn** (DP). - Dir kënnt op mech zielen!

► **M. André Bauler** (DP). - Vergiesst déi blo Luucht net!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Projet steet a fält mam Engagement vun de Fräiwëllegen. De Lëtzeburger Pompjee ass vu sengem Profil hier, an et ass virdru schonn ugedeit ginn, e männleche Lëtzeburger. Dat musse mer änneren!

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*). - Très bien!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur.* - Et läit een immenst Potenzial brooch bei eisen auslännesche Matbiereger a bei de Fraen. Mir mussen et fäerdegbréngen, si verstärkt fir d'Lëtzeburger Rettungsdéngschter ze gewannen!

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*). - Très bien!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur.* - Dobäi muss kloer sinn, dass d'Lëtzeburger Sprooch d'Émgangssprooch an de Lëtzeburger Rettungsdéngschter ass a bleift! Aus renge Eegennotz, mä och aus Grënn vun enger verbesserter Integratioun iwwerleeë mer eis dofir, am Kader vun eise Formatiounen och Sproochcoursen unzebidden.



## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg  
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Wéi an der Vergaangenheet verlaange mir vill vun eise Fräiwëllegen, mä mir sinn eis däers bewosst. D'Gesetz vum CGDIS ass e Bekenntnis zum Volontariat. Eng ganz Rei vu Moosname gi virgesinn, fir dat ze ënnermaueren. Duerch dëst Gesetz ginn Unerkennungen a Fuerderungen, déi zum Deel schonns Jorzéngten al sinn an déi vun de Fräiwëllege gestallt ginn, elo Realitéit.

Eng nei méi gerecht Regelung vun den Indemnitéite bei Asätz a Permanencestonnen, Steuerfräiheet op allen Entschiedegungen, déi ee fir säi fräiwëllegen Asaz kritt, de Kofinanzement vun Zousazpensionen oder Zousazkrankversicherung, den Droit de priorité, fir als professionnelle Pompjee agestallt ze ginn, déi substanzuell Erhéijung vum Congé sapeur, d'Reform vun der Allocation de reconnaissance, d'Indexéierung vun enger ganzer Rei vu finanziellen Ureizer si Mesuren, déi de Volontariat stärke wäerten. Et sinn dëst Mesuren, vun deenen déi Fräiwëlleg méi hu wéi vun engem einfache Merci, iwwert dee si sech natierlech awer och freeën.

Hiren dagdeeglechen Déngscht wäert net méi einfach ginn an Zukunft. D'Aggressivitéit an d'Hemmschwell, fir eis Mataarbechter net nëmme verbal, mä och physesch ze attackéieren, wiisst. Deem musse mir entgéintsteiere mat alle Mëttelen.

Do ginn ech dem Här Zeimet recht, och wann ech seng Analys net deelen, dass mer net Studien doriwwer brauchen. Mir hu musse feststellen, dass eng ganz Rei vun Attacke géint eis Rettungsdéngschter gemaach ginn, ouni dass mer et iwwerhaupt emol gewuer gi sinn, well d'Leit ganz oft drop verzichten, fir Plainte ze maachen. Och do solle mer sensibiliséieren an d'Leit encouragéieren, hir Rechter sichen ze goen, wann et zu esou bedauernswäerten Zwëschefäll kéinnt.

Ech op jidde Fall engagéieren dës Regierung hei, an deem Beräich aktiv ze ginn. Wa mer gären hätten - a mir hätten et gären! -, dass och an Zukunft déi Fräiwëlleg d'Reckgrat vun de Lëtzebuerger Rettungsdéngschter bilden, da musse mer hiren Engagement verstärkt ënnerstëtzen a si viru gesellschaftlechen Exzesser schützen.

An ech wëll dem Här Zeimet dann och, well en et gefrot huet, soen, dass déi Entrevue, déi ugekënnegt war, mam Justizminister stattfonnt huet an dass mer eis eens gi sinn, ënnerhalb vu kierzester Zäit kuerz Verbesserungen och um Code pénal virzehuelen, fir eis Leit besser ze schützen.

Erlaabt mer ofschléissend, allen Akteuren, egal ob fräiwëlleg oder haaptberufflech, déi, wéi een op Lëtzebuergesch seet, de Bockel hierhalen, hiert eegent Liewen a Gefor bréngen, fir aneren ze hëllefen, déi an Nout geroeden, erlaabt mer hinnen hei op dëser Plaz mäin déifste Respekt auszedrécken!

Ech wënschen hinne virun allem, dass si gesond a monter vun hiren Asätz bei hir Familljen heemkommen. An ech wënschen eis an eiser Gesellschaft, dass mir erkennen, dass dës Leit eist Land, eis Gesellschaft ëm esou viles méi räich maachen, well si fir mech den Inbegriff vum Humanismus, vum solidareschen Handeln, vum Mateneen an net vum Géintenee verkierperen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Minister. Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen iwwert de Projet de loi 6861. Ech hunn lech e Blat ausdeele gelooss, wou eng Rei vu materielle Korrektur bei der leschter Relecture gemaach gi sinn, déi och al-

leguer de schrëftlechen Accord vum Conseil d'État fonnt hunn.

Ech géif lech elo bieden, iwwert dee liicht ofgeännerten Text - et sinn nëmme materiell Korrekturen - ofzestëmmen.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 6861 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt elo un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. D'Procuratiounen. Et schéngt mer, wéi wann d'Ofstëmmung eriwuer wär.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Den Apparat geet net.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Okay.

Da si mer bei 60. Dofir hunn ech e bësse gewaart, mir ware bei 59. Da si mer bei 60-mol Jo fir de Projet 6861. Keng Enthalungen, keng Negativstëmmen. Domat ass de Projet 6861 unanime ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ech géif d'Chamber froen, ob se d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen.

#### **(Assentiment)**

Merci. Och dat ass dann esou decidéiert. Merci.

Mir géifen dann zu de Motiounen iwwergoen.

#### **Motion 1**

Eng éischt Motioun, déi vun de Kollege vun der CSV abruucht ginn ass. Sinn dozou Wuertmeldungen? Wat seet d'Regierung dozou? Den Här Rapporteur? Här Rapporteur, et ass, wéi Der wëllt.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.**- Gutt! Wann Der mech frot, dann...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, fuert duer!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.**- Also, ech fannen déi Motioun vun der CSV ganz ausgewogen. Si rennt bei mir oppen Dieren an an deem Sënn, dass ech souwiso wëlles hat, all déi Chifferen do ze presentéieren. Dofir géif ech vu Regierungssäit aus soen, dass mir kee Problem hu mat där Motioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Majo, da géif ech proposéieren, fir per Handophiewen ofzestëmmen. Ass dat méiglech?

#### **Vote sur la motion 1**

Wien ass derfir?

Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Gëtt et Enthalungen?

Och hei ass Unanimitéit fir d'Motioun 1.

#### **Motions 2 et 3**

An da si mer mat zwou Motiounen vun der ADR saisiert. Also, d'Motioun Nummer 2. Wëllt Der vläicht och d'Wuert derzou?

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.**- Vlächcht dann zu der Motioun Nummer 2, also der éischter vun der ADR, d'Nummer 2, déi mer presentéiert kritt hunn. Ech mengen, hei gëtt jo am Fong gefrot, dat Gesetz, wat mer elo grad hei eestëmmeg gestëmmt hunn, elo nach eng kéier ofzeänneren an eng Bestëmmung dranzesetzen, dass alleguerten déi Leit, déi am CGDIS géife schaffen, d'Lëtzebuerger Sprooch misste beherrschen.

Dozou wëll ech just soen, dass dat am Moment souwiso de Fall ass...

#### **(Sirène d'ambulance et hilarité)**

...an der Verwaltung vun der ASS, déi jo dann och herno wäert an de CGDIS eriwergoen. Do si keng Leit, déi d'Lëtzebuerger Sprooch net beherrschen. Ech ginn awer ze bedenken, dass eng ganz Rei vu Fräiwëllegen do sinn, déi d'Lëtzebuerger Sprooch nach net voll beherrschen. Dofir hat ech virdru jo och scho gesot, dass mer iwwer Formationscoursen probéieren, fir déi Lëtzebuergeschkenntnisser ze vermëttelen, do, wou et néideg ass.

An aus deem Grond, mengen ech, dass mer dës Motioun esou net brauchen ze stëmmen, zemools se eis an Noutfäll souguer géif Barrieren opstellen, déi mer net kënnen gebrauchen. Ech denken zum Beispill drun, wa mer de Rekrutement vun Informatiker hätten a mir hätten déi net, déi Lëtzebuergesch kéinten, a mer kéinte se dann net stellen. Dat géif eis éischter zrëckgeheie wéi no vir. Dofir géif ech bieden, dës Motioun net unzehuelen.

Wat déi Motioun Nummer 3 ugeet, fir en neien Titel ze fanne fir de CGDIS, do géif ech den Här Gibéryen nach eng kéier drun erënneren, dass ech deem Numm vun dësem Corps ganz breet och mat dem Haff diskutéiert hunn. Den Titel „grand-ducal“ ze kréien, war ee vun de Wënsch, déi vun der Basis komm sinn. Deen Numm ass och mat allen Akteure vum Terrain diskutéiert ginn.

An dofir géif ech lech vlächcht bieden an deem Sënn, dës Motioun zrëckzezéien, well ech mengen, dass et net sënnavoll wär, wa mer déi elo géifen hei ofstëmmen an domadder u sech déi Concertatioun, déi mer um Terrain fonnt hunn, am Fong géifen onméiglech maachen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Ech hunn zur Kenntnis geholl, wéi den Här Minister hei op der Plaz gesot huet, um Riednerpult, datt d'Lëtzebuerger Sprooch eng vun de Konditiounen als Émgangssprooch géif bleiwen. Ech begreissen dat. Näischt hënnert eis awer drun, fir datt mer eng kéier am Kader vun engem Gesetz eng Basis schafen, wou mer dat géifen dra verankeren, datt mer och dofir eng Garantie hätten.

Ech wëll domat net soen, datt mer dem Minister net gleewen, datt dat seng Absicht ass, dann en dat wëllt maachen, mä, ech mengen, et wier e staarkt Zeeche fir eis Sprooch, wa mer dat och géife gesetzlech verankeren. An duerfir géife mer eis éischt Motioun oprechterhalen.

Dat Zweet: Mir hu jo net gesot, datt de franséischen Numm, deem am Gesetz steet, soll geännert ginn. Mir hunn d'Gesetz haut mat deem Numm gestëmmt. Eis geet et méi drëms, an der Émgangssprooch, datt d'Leit dobaussen net ëmmer musse vun engem „CGDIS“ schwätzen, mä wa mer do géife soen: „Et ass de Lëtzebuerger Rettungsdéngscht“, datt dat fir d'Leit méi verständlech wier an datt dat besser géif bei eis passen, wéi wann d'Leit elo déi ganzen Zäit misste CGDIS dobausse soen. Et geet eis dorëm. Mir hunn d'Gesetz mat dem Numm matgestëmmt, wéi en drasteet. Keng Diskussioun! Dat hei ass fir eis den Émgangsnumm, wéi en am Vollek soll genannt ginn.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.**- Dierf ech dorop äntwerthen?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Selbstverständlech.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Selbstverständlech.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.**- Ech mengen, wann dat dem Här Gibéryen seng Suerg ass, wëll ech just soen, dass mer eis och do mat alle Bedeelegten um Terrain op een Numm festgeluecht hunn. De Lëtzebuerger wäert fir de CGDIS „d'Pompjeeën“ soen. An zwar fir déi, déi haut Protection civile sinn an déi déi haut Sapeur-pompier sinn, déi hu sech ënner sech selwer op de Lëtzebuerger Numm „Pompjee“ géeneegt. An ech mengen, et ass

och esou, wéi d'Leit dësen Établissement public herno wäerte betitelen. Et ass den Établissement public vun de Pompjeeën.

Mä, wéi gesot, dat ass keng offiziell Bezechnung, mä et ass awer dat, wat herno am Émgangssprooch wäert gebraucht ginn.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, datt dat „Pompjeeën“ genannt gëtt, domat huet jo kee Mënsch e Problem. Mä wann Der elo schonn erëm sot, et ass den „Établissement public Pompjeeën“, da si mer schonn erëm bei engem franséischen Numm.

#### **(Brouhaha)**

An duerfir ass et kee Déngen, dass mer soen „Lëtzebuerger Rettungsdéngscht“ oder „Lëtzebuerger Pompjeesdéngscht“. Dat ass, wéi Der wëllt, mä mir wäerten eis Motioun duerfir oprechterhalen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Et wär schéin, wann den Här Gibéryen säin eegene Motiounstext emol géif richtig liesen oder verstoen, well d'Fuerderung ass net hei un d'Regierung, fir am Émgangssproochlechen en aneren Numm ze fannen, mä et geet dran drëm, ech zitieren, „de Begrëff 'Lëtzebuerger Rettungsdéngscht' als offiziellen Numm ze benotzen“. De Contraire vun deem, wat den Här Gibéryen hei grad gesot huet.

#### **(Interruption par M. Gast Gibéryen)**

E wëllt also den offiziellen Numm, iwwert deen e grad ofgestëmmt huet, erëm haut änneren. Dat geet net!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Do si mer awerstanen. Am Sproochegebrauch, ech hunn et präziséiert.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech mengen, d'Motiounen waren zur Genüge virgestallt ginn. D'Stellungsname sinn och do.

Da géife mer zur Ofstëmmung iwwergoen.

#### **Vote sur la motion 2**

Fir d'Éischt d'Ofstëmmung iwwert d'Motioun Nummer 2. D'Procuratiounen nach an d'Ofstëmmung ass eriwuer.

3-mol Jo, 57-mol Neen. Domat ass d'Motioun Nummer 2 ofgeleent.

*Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Mir géifen zur Motioun Nummer 3 iwwergoen.

#### **Vote sur la motion 3**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

#### **(Interruption)**

Et schéngt net ze goen.

#### **(Brouhaha)**

3-mol Jo, 57-mol Neen. Domat ass déi drëtt Motioun och ofgeleent.

*Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank,*



Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Mir sinn definitiv um Enn vun den Diskussiounen iwwert dëse Projet. Merci och douewe fir d'Disziplin, mä ech mengen, den Drot no baussen huet geklappt gehat.

(Brouhaha et hilarité)

Voilà! Da géife mer zum nächste Projet iwwergoen, de Projet 7222, e Gesetz iwwert déi perséinlech Donnéeë vu Schüler. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. De Rapporteur, den Här Gilles Baum, ass ënnerwee an huet elo d'Wuert.

## 5. 7222 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.**- Merci villmools, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et geet bei dësem Projet de loi just drëms, e kleng Feeler ze verbesseren, dee sech kuerz virun der Summerpaus an d'Gesetz iwwert den Traitement vun de perséinlechen Donnéeë vun de Schüler ageschlaach huet. Dat ass d'Gesetz vum 18. März 2013.

An deem Gesetz, méi genau gesot am Artikel 6, ginn d'Servicer an d'Administratiounen an d'Ministèren opgezielt, déi kënnen Zougang zu Donnéeën iwwert d'Schüler kréien. An där Lëscht stinn zum Beispill d'ADEM, d'Restena, den Héichschoulministère, aner Ministèren, d'Zukunftskeess, d'Gemengen.

Duerch zwee Gesetzter, déi mir hei am Haus kuerz noene gestëmmt hunn, huet sech, wéi gesot, e kleng Feeler an där Lëscht ageschlaach. An zwar ass ee Punkt vun der Lëscht ersat amplaz derbäigesat ginn, wéi d'ALJ an den SNJ integréiert gi sinn. Dat ass d'Gesetz vum 22. Juni 2017, den Artikel 14. An dat gëtt elo mat dësem Projet de loi rektifizéiert.

Et kënn en neie Punkt 15 derbäi, deem dem Minister erëm d'Méiglechkeet gëtt, dem Service national de la jeunesse, also dem SNJ, déi perséinlech Donnéeë vun de Schüler weiderzeginn, fir d'Schüler individuell kënnen ze begleeten an ze betrieen.

(Interruption)

De Statsrot huet keng Bedenke bei deem Article unique geäussert, soudass ech och kann ouni Bedenken den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi abréngen.

Ech soen Iech villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. D'Madamm Hansen huet d'Wuert.

**Discussion générale**

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President, an och Merci un de Rapporteur. Als CSV si mer natierlech och averstanen, datt de Feeler verbessert gëtt. An da ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Georges Engel huet d'Wuert.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Jo, Merci och dem Rapporteur. Ech ginn och heimadde den Accord vun der LSAP-Fraktioun fir dëse Projet.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dann huet den Här Claude Adam d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci fir d'Wuert, Här President. Ech wëll och dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport an ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

## 6. Annonce de la démission de M. Claude Adam

An da maachen ech eppes, Här President, wat ech eigentlech net gutt brauche kann hei am Haus. Ech notze meng Riedezäit, fir Stellung ze huelen zu eppes, wat näischt mam Projet de loi ze dinn huet. Ech kann Iech awer versprechen: Et ass fir d'Éischt a fir d'Lescht, wou ech dat maachen.

Här President, ech iwwerreechen Iech e Brëif.

(**M. Claude Adam dépose sa lettre de démission.**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Mat deem Brëif, Här President, deen ech Iech ginn, ginn ech...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen!

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- ...engem Bauchgefill no, wat Iech a Iech entstanen ass a wat sech entwéckelt huet zu engem Gedanken, zu enger Iddi. An déi Iddi ass zu enger Decisioun ausgeräift. Dat war ee kuerze Prozess, wat awer net wëllt heeschen, datt et net ee Prozess ass, deen ech mer räichlech iwwerluecht hunn. An zu där Decisioun sinn ech komm, fir Iech haut ze soen, datt ech meng Demissioun an der Chamber ginn, an zwar op de 16. Abrëll 2018.

Ech si ganz frou, kënne bal 14 Joer Member hei am Haus ze sinn. Dat war mer eng grouss Éier. Ech hunn d'Gefill, ech hätt hei viles geléiert. Ech sinn der Meenung, datt et och eng wichteg Aufgab ass, déi mer hei maachen. Ech hunn och hei vill Kollege fonnt. Ech wëll och duerfir e Merci lassginn un alleréischter Stell Merci un d'Viviane Loschetter, meng Fraktiounscheffin, wat en immens gudder Match hei gemaach huet, am Numm vun eis alleguer. Merci dem Josée Lorschée, dem Henri Kox, dem Roberto Traversini, dem Gérard Anzia. Merci Iech alleguer!

Ech wëll och soen, datt ech mech net an d'Pensioun wëll zrëckzéien. Ech mengen, de Minister gëtt mer recht, datt an der Educatioun nach ëmmer Leit gebraucht ginn. Ech hoffen, datt ech do eng nei Erausforderung fannen, wou ech bereet sinn derfir. Ech hat mer och schonn e Rendez-vous gefrot, awer nach net gesot, ëm wat datt et géif goen.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Ech hu verstan!

(**Hilarité**)

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Soudatt ech da wäert gesinn, wat ech an nächster Zukunft nach wëll schaffen. Ech wëll nach e puer berueflech Andréck sammelen, ier ech dann eng Kéier an d'Pensioun ginn.

Déi Decisioun ass mer net lichtgefall. Wa se bis gefall ass, ass et natierlech awer trotzdeem einfach. An ech sinn och frou, well ech mat deem Kandidat geschwat hunn, deen op eiser Lëscht deen nächsten ass. A well dee gesot huet, e géif d'Relève huelen, fällt et mer awer méi liicht, déi Relève virunzeginn. Ech soen Iech da Merci fir Är Opmierksamkeet a voilà.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Très bien!

(**Applaudissements**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech wëll Iech soen, Här Adam: Wann ech dat gewosst hätt, dann hätt ech Iech d'Wuert net ginn.

(**Hilarité**)

An eiser Numm alleguer, an ech mengen, dat ganz éierlech kënnen ze soen: Ee ganz, ganz häerzleche Merci! Merci och fir d'Frëndschaft. An, Claude, du wäers eis feelen hei!

► **Une voix.**- Zemools an der zweeter Rei.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Besonnenesch dann, wann een an déi Éischt Rei gehéiert.

Merci. Dann huet den Här Kartheiser d'Wuert.

## 7. 7222 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves (suite)

**Discussion générale (suite)**

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Fir elo kuerz iwwert dat Gesetz ze schwätzen: Merci un de Rapporteur, a mir sinn natierlech d'accord. Mä Dir verstitt, datt ech och hei ënnert deem Schock schwätze vun deem, wat den Här Adam elo grad gesot huet.

(**Hilarité**)

An als een, deen zu enger anerer politescher Famill gehéiert, kann ech wirklech och nëm-

## Sommaire des séances publiques n°s 24, 25 et 26

### 24<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique	p. 316
Débat sur la politique européenne et étrangère	p. 316-329
6982 - Projet de loi sur les marchés publics	p. 329-330

### 25<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique	p. 330
Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de l'avenir de la place financière dans le cadre précis de l'évolution des cryptomonnaies	p. 330-334
Débat de consultation sur les grandes orientations du futur plan d'action pluriannuel d'intégration	p. 334-342

### 26<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique	p. 342
Communications	p. 342
Ordre du jour	p. 342
6861 - Projet de loi	

portant organisation de la sécurité civile et création d'un Corps grand-ducal d'incendie et de secours, modifiant

- la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques;
- la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
- la loi modifiée du 16 avril 1979 portant réglementation de la grève dans les services de l'État et des établissements publics placés sous le contrôle direct de l'État;
- la loi modifiée du 8 décembre 1981 sur les réquisitions en cas de conflit armé, de crise internationale grave ou de catastrophe;
- la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;
- la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du travail;

- la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant création de l'Administration de la navigation aérienne;

- la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État

et abrogeant la loi modifiée du 12 juin 2004 portant création d'une Administration des services de secours

7222 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves

Annonce de la démission de M. Claude Adam

7222 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves (suite)

men dem Här Adam dat Kompliment maachen, datt en en ausgezeachten Deputéierte war an ass an datt en och eis als ADR wäert feele mat senger Vuen, déi mer net dacks gedeelt hunn, awer mir hu am Här Adam en extrem kompetenten Deputéierten ëmmer respektéiert. E Mann, dee korrekt a fair hei d'Positioun vu senger Partei vertrueden huet an dee mer sécher wäerte ganz, ganz vill vermessen.

Claude, wanns De erlaabs, e perséinleche Kommentar: Dir alles Guddes an eng wonnerbar Zukunft! A mir hoffen och, mat Dir weider a Kontakt ze bleiwen.

Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Wagner huet d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech hat och wëles ze soen, datt mer natierlech deem Projet de loi eis Zoustëmmung ginn. Ech mengen, bei eis sëtzt de Schock och e bëssen. Mir hunn net domadder gerecht, datt den Här Adam, e gudder Kolleg, haut seng Demissioun géif ginn. An ech mengen, ech schlësse mech och deem un, wat de Virriedner gesot huet an den Här President jo och. E wäert eis feelen, well, ech mengen, et ass éierlech gemengt: Den Här Adam ass appreciéiert. Ech hunn en als Deputéierten appreciéiert an och perséinlech. An a wäert eis hei feelen, mä e wäert weiderhin der Gesellschaft, mengen ech, nach ganz nätzlech ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech mengen, wann ech all de Kollegen d'Wuert géif ginn, géif bei hinnen alleguer datselwecht Resultat erauskommen, mä en ass jo nach bei eis a mer wäerten d'Geleeënheet nach kréien, fir en bonne et due forme Addi a Moien ze soen an enger anerer Form.

Dann huet den Här Educatiounsminister d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Merci fir d'Zoustëmmung fir dëse Projet de loi. Dir gesitt, datt d'Feeler verbesseren nach ëmmer eppes mat Schoul ze dinn huet. Dat maache mer also och haut.

E Wuert och un de Claude Adam. Ech hunn e kennegeléiert als Kolleg hei an der Chamber, duerno als Matstreider an der Educatiounskommissioun. „Kennegeléiert“ geet net duer; „schätze geléiert“ wär besser gesot. An ech freeë mech dann, datt säin Engagement a seng Moti-

vatioun weiderhin der Lëtzebuerger Schoul wäerten zeguttkommen. Toi, toi, toi! An op déi gutt Zesummenaarbecht weiderhin.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An da géif ech zur Ofstëmmung vum Gesetz 7222 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7222 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Procuratioun sinn och, gesinn ech, fäerdeg. Nach een, deen net ofgestëmmt huet, dann ass d'Ofstëmmung eriwwer.

58-mol Jo, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Domat ass de Projet 7222 unanime ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7222 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Martine Hansen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Claude Wiseler), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Ech soen Iech Merci a Rendez-vous ass muer de Mëtten um zwou Auer.

(**Fin de la séance publique à 17.33 heures**)